



Zousätzlech soe mer och, fir der Solidaritéit an der Nout gerecht ze ginn, sollte mer als Lëtzebuerg och, soubal mer et kënnen, grousszügig bilateral Hëllef leeschten a Form vu wat mer eebe kënnen ginn, wou mer Méigleckeete fannen: Finanzen, Personal, Material. Wat mer kënnen, solle mer maachen, fir deenen ze hëllef, déi d'Hëllef deen Abléck néideg hunn.

Also: Solidaritéit jo, Grousszügegkeet jo, awer wannechgelift net iwwert de Wee vun enger Illegalitéit, wéi d'Regierung et proposéiert, mee iwwert de Wee vu Rechtsinstrumenter, Finanzinstrumenter, déi existéieren, déi legal ofgeséichert sinn an absolutt effikass.

Ech soen Iech Merci. An ech iwwerreechen Iech, Här President, an deem Sënn déi Motioun vun der ADR.

Motion

D'Chamber vun den Deputéierte

stellt fest, datt

- d'Regierung sech am aktuelle Kontext vun der Coronakris op europäeschem Niveau derfir ausgeschwat huet, gemeinsam Scholdschäiner a Form vu „Corona-Bonds“ erauszeginn an et domat enger Rei vu Länner ze erlaben, sech zu bessere Konditiounen ze finanzéieren;

- dës Initiativ vu Frankräich, Italien, Portugal, Irland, Spuenien, Slowenien, Griicheland an der Belsch ënnerstëtzt gëtt, vun anere Memberstaaten awer staark contestéiert gëtt;

- d'Regierung dës Initiativ haaptsächlech do-duerch motivéiert, datt elo eng besonnesch Solidaritéit gefrot wär, well d'Coronakris en externe Schock fir d'EU duerstelle géif, fir dee keen eenzelt EU-Land eng Verantwortung géif droen, deen awer all d'Memberstaate géif treffen;

erënnert drun, datt

- esou eng Diskussioun ëm „Corona-Bonds“ vun Natur aus eng mat der Diskussioun ëm „Euro-Bonds“ an enger Vergemeinschaftung vu Scholde verbonnen ass;

- d'Aféiere vu „Corona-Bonds“ dowéinst d'Diskussioun ëm eng Vergemeinschaftung vu Scholden duerch „Euro-Bonds“ oder änlech Finanzinstrumenter kéint relancéieren;

- den Art. 123 an den Art. 125 vum Traité iwwert de Fonctionnement vun der Europäescher Unioun Moosnamen zu enger Vergemeinschaftung vu Scholden explizitt verbidden an datt dësen Traité vun der Chamber ratifizéiert gouf;

fuerdert d'Regierung op,

- an där ganz schwiereger Situatioun, an där d'Europäesche Unioun sech zënter Jore befënnt, keng nei Réss tëschent de Memberstaaten ze verursaachen a keng Initiativen ze huelen, vun deene si vu virera weess, datt si zu onnéidegem Sträit féieren;

- eng Diplomatie ze féieren, déi d'europäesche Staate solidaresch zesummeféiert an dowéinst och keng Vergemeinschaftung vu Scholden ze ënnerstëtzen, weeder duerch „Corona-Bonds“ nach duerch „Euro-Bonds“ nach duerch aner vergläichbar Finanzinstrumenter;

- keng Scholdepolitik ze bedreiwen, déi d'Zënslaascht fir Lëtzebuerg géif onnéideg vergréisseren;

- déi ouni Zwiivel richteg an néideg Solidaritéit an Europa, besonnesch och am Kontext vun der Coronakris, net iwwert de Wee vun enger Vergemeinschaftung vu Scholden ze sichen, mee, esoubal d'Ernstänn et erlaben, besonnesch betraffene Länner eng grousszügig bilateral Hëllef zoukommen ze loossen, z. B. a Form vu Personal, Material, Logistik an esou weider;

- et deene betraffene Länner ausserdeem ze ermëglichen, op aner Finanzinstrumenter an der Europäescher Unioun séier zrëckzegräifen, besonnesch och am Kader vum Stabilitéitsmechanismus, déi hinnen et géifen erlaben, sech séier a méiglechst gënschteg ze finanzéieren.

(s.) Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci.

Den éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtten ass de Projet de loi 7532 iwwert d'Aféiere vun enger Rei finanziellen Hëllef fir kleng a mëttelstännesch Betriber. D'Riedezeit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Marc Spautz, den Här André Bauler, d'Madamm Tess Burton, d'Madamm Stéphanie Empain, den Här Roy Reding, den Här Marc Baum, den Här Sven Clement an d'Madamm Octavie Modert.

6. Dépôt d'une motion par M. Marc Baum

Den Här Marc Baum wëllt awer nach fir d'éischt eng Motioun deposéieren.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Merci, Här President. Dir hutt an Ärer Aféierung, mengen ech, ganz zu Recht drop higewisen, datt dës Kris e gemeinschaftlechen a solidareschen Akt vun der Bevëlkerung a vun eis alleguer verlaangt. Nawell ass et esou, datt verschidde Mesuren, déi d'Regierung hëlt opgrond vum Gesetz, wat mer virun enger Woch gestëmmt hunn, an opgrond vum Verfassungsartikel, kënnen zu politeschen Divergenze féieren. An ech maachen och keen Heel doraus, datt déi Measure, déi d'Regierung geholl huet, fir déi maximal Aarbechtszäiten an d'Luucht ze setzen a bestëmmte Secteuren, net op eis Zoustëmmung trëfft.

Mir mengen, datt schonn e bëssen d'Welt op der Kopp steet, wann ee gesäit, datt op där enger Säit Zéngdausenden, voire Honnertdausende vu Leit zu Lëtzebuerg am Chômage, am Chômage technique sinn, quasi doheem confinéiert sinn, an op där anerer Säit Leit sinn, déi un alleréischter Front schaffen, schaffe müssen a schaffe sollen, fir essenziell Beräicher vun eisem alldeegleche Liewen oprechtzeerhalen. An d'Regierung huet an dëser Situatioun e Reglement geholl, wat et ermëglecht, a bestëmmte Beräicher d'maximal Aarbechtszäit vun aktuell 48 Stonnen d'Woch op 60 eropzesetze respektiv vun 10 Stonnen den Dag op 12 eropzesetzen.

Dat ass e ganz wäitgeeënde Schrëtt, deen, mengen ech, net ganz ondiskutéiert ka bleiwen. An onofhängeg dovunner, ob een deen elo néideg oder net néideg fënnt, en vue dovunner, datt dat e ganz weesentlechen - e ganz weesentlechen! - Aschnëtt an d'Aarbechtsrecht ass, wuel wëssend, datt d'40-Stonne-Woch ee vun deene gréissten Acquisen ass vum 20. Joerhonnert an datt sech och de soziale Fortschritt an der Vergaangenheet ëmmer erëm ausgedréckt huet iwwert d'Reduktioun vun der Wochenaarbechtszäit, menge mer, datt et wichteg ass, datt mir als Chamber déi Mesuren an déi Betriber, deenen den Aarbechtsminister esou eng Derogatioun gëtt, im Nachhinein zumindest kontrolléiere kënnen, datt mer dat begutachte kënnen, datt mer domadder och eng Zort Géigendrock als Chamber oprechterhale par rapport zu deene Fuerderungen, déi an der Vergaangenheet och schonn ëmmer erëm haart gi sinn, fir d'Aarbechtszäit ze verlängeren.

Soudatt mir froen, datt den Aarbechtsminister no der Kris e Bilan, en exhaustive Bilan presentéiert, wivill Entrepenen op déi Measure hu kënnen zrëckgräifen, wivill Salariéen dovunner betraff waren, wivill Aarbechtsstonne carrement surplus hu misse geschafft ginn, fir domadder och eng Zort Géigendrock oprechtzeerhale par rapport zu deene Stëmmen an der Gesellschaft, déi schonn zënter ganz Laangem fir eng Verlängerung vun der Aarbechtszäit plädéieren.

Och ass et wichteg ze betounen, datt dës Measure zäitlech begrenzt ass an domadder ophält, wann den État d'urgence, wann den État de crise ophält.

Duerfir froe mer, invitéiere mer d'Regierung als Chamber, fir esou e Bilan no der Kris ze presentéieren, wivill Entrepenen dovunner betraff waren, wivill Salariéen dovunner betraff waren, an natierlech och, wéi et am Reglement steet, wéi eng Prestatiounen am Géigenzuch déi Salariéen an deene Betriber kritt hunn.

Ech si ganz frou doriwwer, datt dee Bilan eppes ass, wat d'Fraktiounspresidente vun allen an der Chamber vertruedene Parteien deelen, datt dës Fuerderung eng kollektiv Fuerderung ass. An ech mengen, datt et eis als Chamber ganz gutt zu Gesiicht steet, grad déi Kontrollfunktoun an esou engem sensibele Beräich wéi dem Aarbechtsrecht och seriö ze huelen an duerno eeben och esou e Bilan presentéiert ze kréien.

Duerfir deposéieren ech elo dës Motioun, déi d'Ënnerschrëft vun alle Fraktiounspresidenten dréit.

Motion

La Chambre des Députés,

- vu l'article 32, paragraphe 4 de notre Constitution ;

- vu la loi du 24 mars 2020 portant prorogation de l'état de crise ;

- vu le règlement grand-ducal du 27 mars portant introduction d'une dérogation à l'article L.211-12 du Code du travail qui autorise le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Economie sociale et solidaire à porter la durée de travail maximale à douze heures par jour et soixante heures par semaine sur demande dûment motivée d'une entreprise dont les activités sont énumérées à l'article 2, paragraphe 3 et à l'article 5 du règlement grand-ducal modifié du 18 mars 2020 ;

- considérant que l'une des plus anciennes préoccupations en matière de législation du travail a été la réglementation de la durée du travail ;

- considérant que le progrès social des derniers cent ans s'exprime entre autres par la réduction successive du temps de travail ;

- considérant que l'augmentation de la durée de travail maximale à douze heures par jour respectivement 60 heures par semaine constitue une charge considérable pour les salarié(e)s concerné(e)s ;

- considérant que les dérogations ainsi émises par le Ministre prennent fin le 24 juin 2020 au plus tard ;

- estimant qu'une augmentation de la durée du temps de travail maximal en temps d'état de crise devrait se limiter au plus strict minimum après épuisement de tout autre moyen,

invite le Gouvernement

- à présenter à la Chambre des Députés après la fin de l'état de crise un bilan exhaustif de l'ensemble des dérogations émises par le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Economie sociale et solidaire. Ce bilan devant comporter les entreprises et le nombre respectif de salarié(e)s concerné(e)s par secteur d'économie, le nombre d'heures prestées dépassant les 48 heures par semaine par entreprise et par secteur, ainsi que les mesures compensatrices proposées par les différentes entreprises aux salarié(e)s concerné(e)s.

(s.) Marc Baum, Gilles Baum, Sven Clement, Georges Engel, Josée Lorsché, Roy Reding, Marc Spautz, David Wagner.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Baum.

7. 7532 - Projet de loi relative à la mise en place d'un régime d'aides en faveur des entreprises en difficulté financière temporaire et modifiant la loi modifiée du 19 décembre 2014 relative

1) aux mesures sociales au bénéfice des artistes professionnels indépendants et des intermittents du spectacle

2) à la promotion de la création artistique

D'Wuert huet awer elo d'Rapportrice vum Projet de loi 7532, déi honorabel Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Classes moyennes et du Tourisme

► **Mme Carole Hartmann (DP), rapportrice.**- Här President, léif Kolleeginnen a Kollegen, et ass keng einfach Zäit, déi mir elo grad erliewen. Si ass et net fir eis alleguerten als Privatpersounen, mee si ass et scho guer net fir déi Entrepenen a Fräischaffend, déi gréissten-deels reduzéiert, wann net souguer iwwerhaapt net kënnen schaffen.

Am État de crise, an deem mir eis säit dem 18. Mäerz, also säit zwou Woche befannen, kann eis Regierung elo während dräi Méint Reegulungen a Kraaft setzen, déi am Normalfall hei an der Chamber misste gestëmmt ginn. Dës Reegelunge sinn dann och just während dëser Krisenzäit uwendbar.

Déi Texter, déi mir während dëser Zäit hei an der Chamber stëmmen, ënnerscheede sech vun deenen temporäre Reegulungen, andeems se net nëmme fir maximal dräi Méint, mee iwwert dës Period eraus applikabel sinn.

Dat Gesetz, dat ech Iech elo presentéieren, ass ee vun dësen Texter, bei deenen et Sënn mécht, se net op d'Period vun der Kris ze limitéieren, mee se ze generaliséiere fir de Fall, wou mer hei am Land nach eng kéier an esou eng Situatioun géife kommen, zum Beispill am Fall vun Terrorattacken oder Naturkatastrophen.

Den Text, deen zum Vott steet, ass en Deel vu ville Mesuren, déi d'Regierung en place gesat huet, fir eisen Entrepenen, awer och den Indépendanten ze hëllef, duerch déi aktuell an eventuell kommend Krisen ze kommen. D'Zil vun dësem Gesetz ass et, de Betriber, déi du-erch esou en onberechenbaart Evenement wéi déi aktuell Coronakris a finanziell Schwierigkeete geroden, esou séier an esou onbürokratesch wéi méiglech Liquiditéiten ze verschafen.

De Gesetzesprojet heizou ass den 13. Mäerz vum Mëttelstandsminister Lex Delles deposéiert ginn. An enger Rekordzäit vun e bësse méi wéi zwou Woche gouf den Text nach eemol amendéiert. De Staatsrot huet säin Avis ofginn. An déi zwou Beruffskummeren, d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers, hunn alle béid en Avis zum éischte Worf vum Text an en Avis complémentaire zum amendéierte Projet ofginn.

De Finanzement vun dësem Projet, eng estiméiert 300 Milliounen Euro, huet en plus misse vun der Europäescher Kommissioun guttgeheescht ginn. Dës Autorisatioun krute mir den 19. Mäerz.

Dëst beweist, datt jiddweree sech der Urgence vun dësem Projet bewosst war. An ech wëll do-

fir och alleguerten de Concernéierten e grouse Merci soen, datt mer dëse Projet all zesummen esou séier zum Vott brénge konnten.

Här President, den initiale Projet, deen den 13. Mäerz deposéiert gouf, hat virgesinn, de Kleng- a Mëttelbetriber ze hëllef, an dëst am Kader vun engem sougenannt De-minimis-Gesetz, wou keng Notifikatioun un d'Europäesch Kommissioun verlaangt gewiescht wär. Wéi d'Kommissioun dunn awer decidéiert huet, verschidden europäesch Konkurrenzreegele wéinst der Coronakris ausser Kraaft ze setzen, hu mir dovunner profitéiert, fir de Krees vun de Benefici- airé vun dësen Hëllef ze erweideren.

Vun dësem Gesetz wäerten elo net nëmme Kleng- a Mëttelbetriber profitéieren, mee och grouss Entrepenen an Indépendanten, déi wéinst der aktueller Kris temporär finanziell Schwierigkeeten hunn. Domat ass souwuel de kleng Commerce, de Bauer oder Wénzer, dee seng eege Produiten un de Client verkeeft, den Horesca-Secteur, d'ganz Handwierk bis hin zu groussen Industriebetriber, mee sinn och d'Dokteren, d'Kinéen, d'Psychologen, Affekoten, Architekten oder zum Beispill Journalisten ofgedeckt. Ech wëll nëmmen dës nennen.

D'europäesch Gesetzgebung imposéiert eis al-lerdengs, dës Hëllef op déi Betriber a Fräischaf- fend ze limitéieren, déi virun dëser Kris nach net a Schwierigkeete waren. Bei de PMEe gëllt do de Krittär, datt d'Perté vun der Firma net méi héich wéi d'Hallschent vum Capital social souscrit oder vun de Fonds propres däerfe sinn. Dëse Krittär gëtt awer, an dat ass ganz wich- teg, bei Betriber, déi nach keng dräi Joer be- stinn, dat heescht notamment bei de Startu- pen, net ugewannt.

Bei Indépendanté gëllt de Krittär, datt si net vi- run der Kris schonn an enger Procédure collec- tive d'insolvabilité, also an enger Failliteproze- dur dra waren.

Onofhängeg vun dësem europäesche Krittär, laanscht dee mer, wéi gesot, net kommen, müssen en fin de compte véier Konditiounen erfëllt sinn, fir datt eng Entreprise oder en Inde- pendant vun dëser neier Hëllef profitéiere kann:

1) en imprevisibelt Evenement, deem säin ne- gativen Impact op verschidden ekonomesch Aktivitéiten an engem groussherzogleche Reg- lement festgehal gouf,

2) temporär finanziell Schwierigkeete fir e Be- trib,

3) eng Aktivitéit, déi schonns virun deem Eve- nement vum Betrib ausgeübt gouf, an

4) e Lien tëschent den temporäre finanzielle Schwierigkeete vum Betrib an dem onbere- chenbaren Evenement.

Wat ass elo konkret déi nei Hëllef, vun där e Betrib ka profitéieren?

E Betrib kann iwwert dëse Projet de loi e Betrag vu bis zu 500.000 Euro iwwerwise kréien, fir seng Funktionementskäschten an dëser schwéie- rer Zäit ze decken. De Betrag, deen ausbezuelt gëtt, muss awer zrëckbezuelt ginn. Et ass eng sougenannt „avance remboursable“.

De Fait, datt déi Zomm muss zrëckbezuelt ginn, war e Kritikpunkt, dee souwuel d'Cham- bre des Métiers wéi och d'Chambre de Com- merce an hiren Avisen ervirbruecht hunn.

An dësem Projet de loi ass d'Form vun der Sub- ventiou awer net ugepasst ginn. Et bleift eng Avance. Iwwer e Reglement vun der Regierung, wat leschte Mëttwoch a Kraaft getrueden ass, ass awer, niewent dëser Avance, och eng net remboursabel Direkthëllef vu 5.000 Euro en place gesat ginn, déi Mikroentreprisé vu bis zu néng Salariéen, déi gezwonge waren, hir Akti- vitéit wéinst dem Coronavirus anzestellen, ac- cordéiert ka ginn.

Bei der Avance remboursable gi bestëmmte Käschte berücksichtegt, fir de Montant vun der Hëllef festzuleeën. Hei ginn d'Personal- an d'Loy- erskäschte consideréiert, woubäi beim Loyer maximal 10.000 Euro kënnen berücksichtegt ginn. Dës Käschten, déi mer am Projet „coûts admissibles“ nennen, goufen erausgesicht, well de Betrib dës séier nosichen an de Staat d'Don- néeën och einfach kontrolléiere kann.

Bei de Fräiberuffler ginn d'Revenue vun hirer Aktivitéit consideréiert ënnert der Konditioun, datt si bei der Sécurité sociale affiliéiert sinn. Dës Revenue si pro Indépendant op 2,5-mol de Mindestloun plafonéiert. Wann een eng Asso- ciatioun oder e Gruppement vu méi Indépen- danten ass, gëllt dës Limitt vun 2,5-mol de Mindestloun pro concernéiert Persoun.

Niewent de Personal- a Loyerskäschte respektiv de Revenuen, déi d'Demandeure müssen ugin, hu mir an der Kommissioun am meesch- ten iwwert de sougenannte „plan de redresse- ment“ diskutéiert. Dëse Plang muss bei der De- mande vun den Hëlfele derbäileien an huet als Zil, datt den Demandeur sech elo scho Ge- danke mécht, wéi hien aus de finanzielle Schwierigkeeten nees erauskënnt.



D’Beruffskummeren hu sech an hiren Avisen och kritesch géintiwwer dëser Obligatioun vun de Betriber ausgeschwat. Op dës Avisen a Froen, déi zum Plan de redressement gestallt goufen, krute mer vum Mëttelstandsminister Lex Delles versécher, datt dës Plang fir d’Betriber an d’Fräiberuffler keng bürokratesch Hürd wäert duerstellen, mee datt all Demandeur kann op e Formulaire op guichet.lu zrëckgräifen, wou hien an dräi Casen erkläre soll:

- éischstens, wou seng Problemer hierkommen. Domat gëtt dann de Lien zu der Coronakris gemaach,

- zweetens, wat seng finanziell Problemer sinn - am Moment héchstwahrscheinlech Liquiditéitsproblemer, an

- drëttens, wéi hien dës Schwieeregkeete gedenkt ze iwwerwannen - andeems en zum Beispiel Chômage partiel ufreet, en Emprunt ophéilt oder eventuell seng Produiten diversifiziert an esou weider.

Wann d’Demande vum Ministère ugeholl gëtt, kann d’Avance, déi ausbezuelt gëtt, bis zu 50 % vun de virgenannte Käschten ausmaachen an, wéi scho gesot, bis e Maximalbetrag vu 500.000 Euro goen.

De Remboursement vun der Hëllef fänkt fréistens zwielef Méint nom Paiement vun der éischter Tranche vun der Avance un. De Staat wäert heifir zesumme mat all Betrib an Independant en individuelle Plan de rembursement opstellen, wou besonnesch drop opgepasst gëtt, datt d’Laascht vum Remboursement och supportabel fir déi jeeeweileg Strukturen ass.

Här President, nieft dem Économie- a Classes-moyennes-Ministère huet och de Kulturministère vun dësem Projet de loi profitéiert, fir am Kader vun den Amendementer, déi geholl goufen, d’Gesetz vum 19. Dezember 2014 iwwert d’Hëllef fir d’Artisten an d’Intermittents du spectacle ze adaptéieren an och hinnen eng zousätzlech Hëllef an esou Krisenzäite wéi dësער ze garantéieren.

Et ass evident, datt och de Kultursecteur staark vun der Coronakris betraff ass. All kulturell Manifestatioun, sief et Concerten, Theaterstécker, Filmtournagen oder Ausstellungen, hu mussen annulléiert ginn. Dat bedeit fir déi Concernéiert, datt si momentan keen Akommes hunn.

D’Gesetz vum 19. Dezember 2014 gesäit vir, datt onofhängeg Artistes professionnels en Zouschoss aus dem Fonds social culturel vu bis zu engem hallwe qualifizéierte Mindestloun kënne kréien. Intermittents du spectacle kënnen aktuell, wa se ongewollt an eng Inaktivitéit falen, bis zu maximal 121 Indemnités journalières am Joer kréien, déi op der Basis vum qualifizéierte Mindestloun berechent ginn.

Änlech wéi bei den Entreprises an den Independantë kënnen d’Kënschtler an d’Intermittents du spectacle duerch déi proposéiert Modifikatiounen, wann och si duerch en onberechenbaart Evenement, wéi aktuell d’Coronaepidemie, an temporär Schwieeregkeete geroden, vun enger méi favorabler Gesetzgebung profitéiere wéi déi, déi am Normalfall virgesinn ass.

D’Konditiounen, fir als Kënschtler oder Intermittent du spectacle unerkannt ze ginn, oder d’Erneuerung vun hirem Recht op sozial Moossnamen, gi während esou Krisen opgelockert. Esou kann de Revenu minimum pro Joer, dee bei Kënschtler verlaangt ass, pro Krisemount ëm 714 Euro erofgesat ginn. Beim Intermittent kann d’Période d’activité, déi normalerweis bei 80 Deeg d’Joer muss leien, ëm siwen Deeg pro Krisemount verkierzt ginn.

Wat d’Hëllef u sech ugeet, kënnen d’Artisten dann en Zouschoss aus dem Fonds social culturel vu bis zu engem komplette qualifizéierte Mindestloun kréien. An d’Intermittents du spectacle kënne bis zu 20 zousätzlech Indemnités journalières pro Mount, wou Kris ass, bei déi 121 Indemnités journalières pro Joer derbäikréien.

Wéi och bei den Entreprises an den Independanten, spillen dës Mesuren awer nëmmen, wann déi Concernéiert beweisen, datt hir ausbleiwend Aktivitéit mat der Kris zesummenhänkt.

Här President, de Projet de loi gouf an enger Réunion jointe vun der Économies- an der Mëttelstandskommissioun diskutéiert. De Volet, deem d’Aidë fir de Kultursecteur betrëfft, gouf awer och vun der Kulturministesch an der Kulturkommissioun presentéiert.

An der Commission jointe ass d’Fro opgeworf ginn, firwat d’Avancé fir d’Entreprisë sech net, wéi entre-temps vun der Europäescher Kommissioun ugekënnegt, bis op 800.000 Euro kënne belafen. Mir waren eis eens, datt et am Interêt vun eiser Économie ass, dës Projet de loi esou séier wéi méiglech ze stëmmen, fir datt d’Hëllef an och direkt kënne gräifen. Dofir ass et net zu engem weideren Amendement komm.

Dem Staatsrot säin Avis huet eis mat konkreeten Textproposen zu den Artikelen, déi nach net prezis oder kohärent genuch waren, immens an eiser parlamentarescher Aarbecht gehollef. An der Commission jointe hu mer de Gros vun de proposéierte Reformulatiounen och ugeholl.

De Staatsrot huet awer och eng Opposition formelle opgeworf an eis dorobber higewisen, datt den Zäitraum vun der Kris net dierft op der Basis vun enger Decisioun vun Regierungsrout definéiert ginn, mee datt dës Renvoi muss op e groussherzoglecht Règlement gemaach ginn. D’Textpropos vum Staatsrot ass och hei iwwerholl ginn.

Ofschléissend huet de Staatsrot nach proposéiert, datt dat zukünftegt Gesetz retroaktiv op den 1. Januar 2020 a Kraaft triede soll, dat fir sécherzagoen, datt och jiddwereen, dee vun der Kris betraff ass, vun den Hëllef ka profitéieren. Och dësער Proposition si mer nogaangen.

Fir den Detail vun den Avice verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Här President, mat dësem Projet de loi setze mer eng vu ville Mesuren aus dem globale Stabilitätsplang fir eis Économie, dee vun eiser Regierung mat insgesamt 8,8 Milliarden dotéiert gouf, ëm. D’Avancen, déi un d’Entreprises an d’Independanten ausbezuelt ginn, sinn Direkthëllef vum Staat, déi de Concernéierten op eng schnell an onbürokratesch Manéier déi néideg Liquiditéit solle ginn, fir dës schwéier Zäit esou gutt et geet ze iwwerstoën.

Et muss ganz kloer eist Zil sinn, fir keen am Ree stoën ze loossen an an Zukunft weider op eng breet opgestallt an diversifizéiert Wirtschaft kënnen ze zielen.

Ech soen lech Merci fir d’Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Hartmann. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz agedroen. Här Spautz, Dir hutt d’Wuert.

Discussion générale

► **M. Marc Spautz (CSV).**- Här President, d’Zil muss et sinn, dass mer keng Entreprise, kee Betrib a keng Beschäftegt an engem Betrib am Ree stoe loossen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dës Projet de loi, mat deem mer eis haut beschäftegen, do geet et drëm, fir de Betriber ze hëllefen. Engem Deel vun de Betriber, well, wéi d’Madamm Hartmann et erklärt huet, ass dee Gesetzesprojet, dee mer haut hei verabschieden, net do fir d’Betriber alleguerten, mee fir e bestëmmt Deel vun de Betriber.

Ier ech mech awer am Detail mat dem Projet beschäftegen, wollt ech och nach e puer aner Remarque lassginn.

Fir d’alleréisch, léif Kolleeginnen a Kolleegen, geet et mer drëm, fir all deene Leit Merci ze soen, déi dagan, dagaas géint dee Coronavirus ukämpfen, ob dat d’Dokteren an d’Gesondheetspersonal sinn, ob dat - a mir geschitt dat elo, wat dem President net geschitt ass -, ob dat d’Botzfraen, d’Caissieren, d’Vendeusen, de CGDIS, déi Leit aus der Energie- an der Waasserversuergung oder dem Öffallberäich sinn, dem Transport, an all déi Leit, déi de privaten an den öffentleche Secteur um Dréinen halen. Hinne si mer an dësער net einfacher Situatioun e grouse Merci schëlleg.

Wichtig ass och, dass mer un déi Krank an hir Familljen denken, déi eeler Leit, déi sech haut deelweis ganz vill aleng spieren - bei deenen enge mécht een dat iwwer Telefon, an et kann een et och nach iwwer Computer maachen -, an hinnen d’Gefill ginn, dass een nach fir si do ass. Anerer, deemno wéi de Gesondheetszustand ass, do ass dat Ganzt méi schwierig. Mee mir sollen deenen alleguerte Courage maachen, well wa mir alleguerten zesummenhalen a physesch ausernebleiwen, wéi mir och heibannen, op déi zwee Meter, da packe mir de Virus an net de Virus eis!

Mir befannen eis an enger aussergewöhnlecher Situatioun, an engem Ausnamezustand. Dës sanitär Kris ass déi gréisste Kris an deem Volet, déi mer kenne säit dem Zweete Weltkrich. An et muss een och ëmmer soen, am Ufank huet et ëmmer geheescht, d’Schlagwuert: „Flatten the curve“, dat war d’Haaptausso, fir dass déi Kurb net esou an d’Luucht geet mat de Coronafäll wéi an anere Länner. Dat hu mer elo alleguerten an de Käpp.

Mee elo geet et awer och drëm, eis domat ze beschäftegen, wat déi sanitär Kris nach ka mat sech bréngen: eng Wirtschaftskris, deemno wéi mer do virginn an deemno wat mer maachen. An do si mir Lëtzeburgerer nëmmen e klengen Punkt op der Landkaart, et kann déi schliëmmste Wirtschaftskris ginn, déi d’Welt jee gesinn huet nom Zweete Weltkrich. An da muss ee

sech d’Fro stellen, ob an där Wirtschaftskris, opgrond vun der Prekaritéit, net méi Leit herno souguer doru stierwen, un där Wirtschaftskris, well se näischt ze räissen an näischt ze bäissen hunn, wéi dat elo um Coronavirus selwer de Fall ass.

Aktuell gëtt hei am Land alles gemaach, fir de Vulnerabelen ze hëllefen, fir déi Vulnerabel ze schützen, déi krank Leit, déi Leit, déi an den Alters- an an de Fleegeheemer sinn. An dat ass richtig!

Mee mir dierfen awer gläichzäiteg och net aus den Ae verléieren, dass de Motor vun eiser Économie am Standby ass an dass mer en och do dra mussen halen, dass dee Motor net däréif ausgoen, well soss kréie mer herno ausser där sanitärer Kris och nach eng Wirtschaftskris. An dat wier net gutt.

Dat muss eis Perspektiv sinn! An dat muss eist Schaffe sinn, fir dass mer et fäerdegbréngen, dass dee Motor am Standby ass. Esou wéi mer heiansdo moies bei der roudere Luucht stinn a wa mer falsch Gas ginn, da geet de Motor awer aus, amplaz dass en uspréngt, dass dat eis net geschitt!

An et geet elo drëm, dës Kris ze iwwerstoën. A bei all Kris ass jo just d’Fro: Wéi? A wéini?

De Projet, deem elo hei um Dësch läit, ass en Deel vun der Léisung am „Wéi“! Well de „Wéini“ weess keen, well et ass keen do, deem an der Glaskugel feststellt, wéini mer sécher sinn, dass dee Coronaproblem eriwwer ass.

Wa mir wëllen, dass mer enger Wirtschaftskris an enger méiglecher Sozialkris entginn, musse mer zesummeschaffen a mir mussen de Betriber an och de Familljen déi Ënnerstützung zoukomme loossen, déi se brauchen.

De Projet, deem haut um Dësch läit, soll de Betriber entgéintkommen, den Entreprisë mat hire Leit. Et soll der ganzer Belegschaft gehollef ginn, dës Kris ze iwwerstoën, fir direkt duerno nees kënne mat der Produktioun, fir duerno nees kënne mam ekonomesche Marché unzefänken. Et geet mat dësem Projet drëm, all Patron an domadder all Salarié, deem am Betrib schafft - well esou verstinn ech e Betrib -, déi Hëllef zoukommen ze loossen, déi e brauch.

Fir d’alleréisch, wéi ech e grouse Merci soen un d’Madamm Carole Hartmann fir hiren ausféierleche schrëftlechen an och mëndleche Bericht, deem an enger Rekordzäit zustane komm ass.

Dës Projet soll all Mënsch hëllefen, ob Mikro-, Kleng-, Mëttel- oder Groussentreprise. D’Hëllef vum Staat muss awer follgende Prinzipie gerecht ginn, an dat sinn och europäesch Viraussetzungen: Et däréif duerch d’Hëllef net zu enger Concurrence déloyale kommen tëscht de Betriber, wat och ganz wichtig ass ze ënnersträichen. Déi Hëllef an den Hëllefsgemissen mussen EU-konform sinn, fir dass d’Betriber net a Rechtsunsécherheete kommen. An drëttens, an d’Madamm Hartmann huet et scho méi am Detail erklärt, et ass net dofir do, fir Leit, déi scho kuerz an der Faillite waren, elo ze hëllefen, do erauszekommen, well dat jo näischt mat dem Coronavirus an näischt mat dësער Kris ze dinn huet.

D’Zil muss et sinn, Aarbechtsplazen ze erhalen an dass d’Betriber och kënnen iwwerliewen, an d’Leit mat hirem Knowhow, hiren Talenter an hirem Teamgeescht bereetzehalen, fir dass, wann et nees lassgeet, och wann dat net einfach mat engem Knäppchen ëmgeschloe gëtt, mer dann och d’Méiglechkeeten hunn, erëm séier op dee Wuusstum an op déi Aarbechtsplazen zrëckzekommen, déi mer virdrun haten.

Mir hunn e Sputt bei eise Staatsfinanzen a kënnen dofir elo séier an effizient reagéieren. Well kee weess, wéini déi Kris eriwwer ass, musse mir bereit sinn, zu all Moment och kënnen heirobber zrëckzekommen, dass den Här Minister eis seet, oder déi Häre Ministeren eis soen: „Mir mussen nach e puer Schëppen nogehien, fir dass mer et och packen iwwer eng länger Zäit eraus!“

Dës Pak, dee mir haut ofstëmmen, ass en Deel vun deene ronn néng Milliarden, déi d’Regierung virgesinn huet. Dee Pak an och dee Projet vun haut provoziert awer e puer Remarken nach vu menger Säit.

Éischstens, wa mer soen: „De Staat léisst Steieren an TVA no!“ - oder net no -, da muss ee jo och soen: „Mee gitt de Leit Delaien!“ Deemno wéi laang d’Kris dauert, wier och manner TVA ufälleg, wieren och manner Steieren ufälleg, an dofir, dat muss een och wëssen, deemno wéi laang déi Kris geet, wieren déi Sue souwisou net geschëllt gewiescht!

An ech erlabe mer hei, eng perséinlech Remark ze maachen: ob et net derwärt wier, driwwer nozedanken, zwee Steierjore fir d’Betriber zesummenzeschloen, 2019 an 2020 - 2019 war meeschtens net grad dat schlechteste Joer, an 2020 -, deemno wéi laang, an ech betounen

dat, deemno wéi laang déi Kris geet, fir déi zesummenzeschloen an dann ze kucken, ob mer do net aneschtens kënne virgoen. Et gëtt jo d’Méiglechkeet, iwwert d’Steiergesetz am État de crise do Dispositiounen ze huelen. A mir kenne jo an eiser Steiergesetzgebung Plazen, wou et méiglech ass, dass dat méi schlecht Joer duerch dat méi gutt Joer ausgeglach gëtt. Och dat sollen Iwwerleeunge sinn, déi net elo direkt zum Gesetz gehéieren, mee wéi mer de Betriber kënnen hëllefen.

Bei där Aide directe, oder Don oder Subventioun, wéi een et nennt, mat deene 5.000 Euro pro Betrib un d’Betriber mat manner wéi néng Leit, och do muss ee sech bewusst sinn, dass dat am Ufank eng Hëllef ka sinn. Mee et hänkt alles dervun of, wéi laang dat dauert: Ass dat ee Mount oder 14 Deeg, da si 5.000 Euro vläicht vill. Mee ginn et der zwee, dräi oder véier, da si 5.000 Euro näischt. An et ass och dofir, dass een dat muss am A behalen an dass ee sech bewusst ass, dass do och Ännerunge misste kommen an dass een dorop muss oppassen.

Drëttens dann: De Prêt maximal vu 5.000 Euro - pardon, 500.000 Euro, net 5.000, mee 500.000 Euro! -, dee jo och scho virdru vun der Madamm Hartmann ugeschnidde ginn ass. Do stoungen am Projet de loi déi 500.000 Euro. Ech soen och fairnesshalber heibannen: Den 18. März waren et nach 500.000 Euro, vun der Europäescher Unioun aus, wéi de Projet deposéiert ginn ass. Den 19. März sinn aus deene 500.000 dun 800.000 Euro ginn. Mee fir eis ass et wichteg - well soss heescht et jo ëmmer, d’Betriber misste sech eent zu eent un déi europäesch Normen halen -, dass mer och an déi Richtung wäerte goen an dass mer do Ännerunge virhuele bei där nächstbeschter Geleeënheet, fir dat och vu 500.000 op 800.000 Euro an d’Luucht ze setzen. Well soss soe mer jo och ëmmer: „La directive et rien que la directive!“, da solle mer dat och an dësem Volet maachen!

An de véierte Punkt ass dee mam Plan de redressement, wou d’Madamm Hartmann och schonn drop agaangen ass. Fir eis ass et wichtig, dass et keen ze staarken administrativen Opwand gëtt, dass d’Leit net ze vill Zäit verléieren. An och: E Plan de redressement ze maachen, wann s de nach net weess, wéi et mat dengem Betrib virugeet!? Wann s de nach net weess: Ass d’Kris eriwwer am Mee, am Juni oder am Juli? An: Wéini schreift däi Betrib erëm schwaarz Zuelen?

An do hu mer eis jo mat alleguerten de Fraktiounen op eng Motioun géeneegt, souwuel fir dat vu 500.000 op 800.000 Euro, wéi och dat, wat de Plan de redressement ubelaangt. Dofir wéll ech och nach eng Kéier all de Fraktiounen Merci soen. An ech géif dann hei, am Numm vun eis all, déi Motioun beim Chamberspräsident hannerleeën.

Wannechgelift, Här President.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- reconnaissant l’effort global déployé par les États membres, et en particulier le Gouvernement luxembourgeois, pour contrer les effets de la flambée de Covid-19 sur leurs économies ;

- soutenant la démarche gouvernementale qui consiste à venir en aide aux entreprises à très brève échéance et sans entrave administrative démesurée ;

- saluant dans ce même contexte les initiatives de la Commission européenne visant à user de toute la flexibilité offerte par les cadres européens, y compris en matière d’aides d’État ;

- notant notamment la communication de la Commission européenne du 19 mars 2020 intitulée « Encadrement temporaire des mesures d’aide d’État visant à soutenir l’économie dans le contexte actuel de la flambée de Covid-19 » ;

- notant encore que le projet de loi n° 7532 instituant un régime d’aides pour les entreprises en difficulté financière et modifiant la loi modifiée du 19 décembre 2014 relative 1) aux mesures sociales au bénéfice des artistes professionnels indépendants et des intermittents du spectacle 2) à la promotion de la création artistique s’inscrit justement dans le cadre de cette communication, sans toutefois exploiter toutes les flexibilités prévues par le cadre européen ;

- constatant que ledit cadre prévoit entre autres une aide maximale pouvant aller jusqu’à 800.000 euros par entreprise,

invite le Gouvernement

- à analyser de manière régulière la nécessité d’exploiter pleinement les marges offertes par le



cadre européen et à porter, le cas échéant, le montant de l'aide maximale prévue par entreprise à 800.000 euros afin de continuer à garantir aux entreprises les liquidités dont elles ont besoin en ces temps de crise en déposant, au vu des premières conclusions tirées, un projet de loi modifiant le montant de l'aide maximale prévue par entreprise et portant celui-ci à 800.000 euros ou en intégrant cette modification dans l'un des prochains projets de loi du Gouvernement ;

- à s'assurer que les personnes éligibles aient un accès facile et non bureaucratique à l'aide d'État prévue au projet de loi sous rubrique et à fortiori que les dispositions relatives au plan de redressement soient appliquées avec flexibilité et ce dans l'intérêt des demandeurs.

(s.) Marc Spautz, Marc Baum, Sven Clement, Claude Haagen, Carole Hartmann, Josée Lorsché, Roy Reding.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci.

► **M. Marc Spautz (CSV).**- An da gëtt et awer och de fënnfte Punkt, deen ech awer nach wollt ënnersträichen, dat ass de Prêt, deen de Staat kritt, an d'Staatsgarantie mat 85 %, déi de Staat iwwerhëlt, an dann nach 15 %, déi bleiwen. Do muss es sech och d'Fro stellen, wéi d'Héicht vun deenen Emprunten ass, an och, wat dat kascht, well wann ech de Moment héieren, wat d'Banken dorëmmer froen - an esou wéi ech sidd Dir jo och all Dag mat deene Leit, déi do an der Verantwortung setzen, am Kontakt -, ginn do awer ganz schwéier administrativ Fuerderung gestallt, wat alles muss op den Dësch kommen.

An do muss ee sech d'Fro stellen, ob mer do net misste bei enger klassescher Levée bleiwen an den Triple A, dee mer hunn, déi Tauxen, och wäerten un d'Betriber eent zu eent weiderginn. Well och dat wier eng Hëllef, déi een de Betriber géif ginn, an dass net géif probéiert ginn, elo och nach mat enger maximaler Marge dat och nach eng Kéier an d'Luucht ze setzen. Well aussergewöhnlech Situatiounen - an an esou enger si mer -, fuerderen och aussergewöhnlech Mesuren!

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn an enger Approche vun nationaler Solidaritéit, enger Solidaritéit tëschent alle Leit hei am Land. Dag fir Dag bewiese mer am Moment Solidaritéit an dass een deem aneren hëllef, ob dat vu Professionellen ass, oder ob dat vu Benevollen ass, déi Dag fir Dag Leeschtunge bréngen, fir kënnen anere Leit ze hëllefen. Dat ass gudd esou! An deen Zesummenhalt gëllt et och ze erhalen. Et ass e komplizéierten Zesummenhalt, well wann een e bësse méi sozial Kontakter ze fleege gewinnt ass, ass déi Distanz dach awer wäit. Mee et ass awer trotzdem wichteg, dass mer weisen, dass mer solidaresch sinn an dass mer zesummenhalen.

Déi Solidaritéit gëtt ëmmer méi wichteg an deenen nächste Wochen a Méint, deemno wéi laang d'Kris dauert. Wat geschitt mat deene Leit, déi sollen de Premièresexame maachen? Wat geschitt mat deene Leit, déi sollen an d'Schoul goen? Mee wat geschitt och mat deene Leit - wa mer vun de Betriber schwätzen -, déi eng Geselleprüfung solle maachen, wou déi éischt Exame dräi Wochen no der Ouschtervakanz solle sinn? Kënnen déi iwwerhaapt nach en theoreetesch Exame maachen? Kënnen déi e prakteschen Exame maachen? Wat kënnt op déi Leit duer?

Och dat si Bestanddeeler vum Betrib, déi mer de Moment hunn. An dat si Froen, déi souwuel den Ausbildende wéi och den Auszubildende sech stellt, wou et och gëllt, Äntwerten ze fannen. An déi muss mer zesummen an och solidaresch ugoen.

Am Juni an am Juli wäerten e puer Dausend Schoulofgänger mat engem Diplom an der Täsch gären op den Aarbechtsmaart kommen. Wat kënne mer deene jonke Leit soen? Wat bedeit dat fir si, wann dee Lockdown, wou mer elo dra sinn, nach amgaang ass oder wa mer d'Konsequenzen dervu spieren? Fannen déi duerno eng Aarbechtsplaz oder fanne se keng?

A wéi ass et um Enn vum Joer 2020, deemno wéi laang déi Kris dauert, mat de Betribszuelen, ob se da schwaarzer oder rouser Natur sinn, well d'Leit keng Méiglechkeete méi haten, aus der Kris erauszekommen? Well de Coiffer an de Restaurant, déi kënnen dat net nohuelen. Well och ee wéi ech geet nëmmen eemol bei de Coiffer.

(Hilarité)

An dann ass et geschitt.

(Brouhaha et hilarité)

Well mir ginn net ...

► **Une voix.**- Et gëtt méi bëlle!

(Hilarité)

► **M. Marc Spautz (CSV).**- Mir ginn net retroaktiv alleguer dräi-, véiermol bei de Coiffer. Mee déi Sue si fort. An dat selwecht gëllt bei de Restauranten.

Wéi geet et viru mat de Congéen? Mam Reschtcongé vun 2019, deen d'Leit nach haten, dee se jo sollte virum 31. Mäerz kënnen eranhuelen? Lo si mer awer scho virum 31. Mäerz am État de crise. Wat geschitt mat deem Reschtcongé 2019? Wat geschitt mam Congé 2020? A wat geschitt mam Congé collectif?

Och dat si Punkten, Froen, déi sech stellen a wou ee sech muss elo matzäit driwwer ënnerhalen, well dat och wichteg ass fir d'Erhale vun den Aarbechtsplazen an och fir alles dat, wat eis Leit ubelaangt.

An dann, de Wirtschaftsminister ass jo och heibannen, och wann dat hei Gesetz méi den Här Mëtzelstandsminister ubelaangt - mee ech maache jo och eng Ausfaart, da kann hien och hei sinn -: Wéi ass et mam Tripartite-Gesetz?

Mir hunn nach ëmmer en Tripartite-Gesetz vun 1980, wat schwätzt, wat alles ka geschéien, wann den État de crise weidergeet: Blocage des prix ass eppes, wat do drasteet. Sinn dat alles Saachen, deemno wéi laang déi Kris dauert, déi kënne kommen, déi och an d'Diskussioun erakommen? Do brauch ee jo keen neit Gesetz ze schafen, well do ass e Gesetz, och wann et scho méi aler Natur ass, wat een nach kéint uwenden. An da muss ee sech och d'Fro stellen, ob mer dat Gesetz dann net eng Kéier sollen eraushuelen aus dem Tirang, wann d'Situatioun esou bleift, wéi se ass, fir do kënnen déi néideg Mesuren ze huelen.

An dann, Dir Dammen an Hären, léif Frënn, stellt sech awer och nach fir mech eng substanzuell Fro, d'Madamm Hartmann huet et scho gesot: Mir hunn den 13. Mäerz fir 90 Deeg der Regierung Pouvoir-spécialle ginn, an dat opgrond vun der Covid-19-Pandemie. Ech versti jo och elo, dass d'Regierung mat alle Projekte probéiert, gläichzäiteg awer nach d'Parlament anzebannen. Mee ech ginn awer och nach eng Kéier op déi Remark an, déi de Staatsrot an dem Gesetz gemaach huet, dass en net versteet, firwat mer engersäits esou eng Mesure geholl hunn a gläichzäiteg awer nach op dem normale Wee virufueren. D'Madamm Hartmann huet viru scho Remarken dozou gemaach.

Et hätt ee sech och kënne virstellen, dass een elo e Gesetz geholl hätt an dass ee gesot hätt: „Ma duerno, wann d'Pandemie eriwuer ass, ass et fäerdeg, an dann huele mer dat Gesetz eng Kéier op de Leescht. Mir zéien e Bilan a schreiwen dann dran, wat fir eng Konditiounen an Zukunft müssen erfëllt sinn, fir dass dat Gesetz a Kraaft trëtt.“ Och dat wier eng Méiglechkeet gewiescht; just fir déi Remark do vum Staatsrot opzehuelen, déi och am Avis vun dem Gesetz drastoung.

An da wëll ech awer och nach zwee Wuert soen zu deenen anere Moosnamen. Et ass geschwat gi vun der Regierung iwwert de Chômage partiel. Mir begreissen, dass dat méiglech ginn ass, dass alleguerten d'Leit vum Mindestloun net kënnen do drënnerfalen. Dat ass eng gudd Saach! Dat ass gudd fir déi Leit.

Mee och fir déi Leit mat 2,5-mol dem Mindestloun, do géif ech en Appell maachen un d'Ministeren - si hu jo eng Diskussioun gefouert, oder de Finanzminister an hirem Numm, mat deene sechs Banken, fir de Betriber kënnen ze hëllefen, fir de Betriber Hëllefen ze ginn -, dass een och dodrun denkt, dass déi Leit, déi elo 20 %, oder deemno a wat fir enger Famill, 40 % vun de Revenuen hänke loosson, well et gëtt jo nëmme bis 2,5-mol de Mindestloun rembourséiert, dass och déi d'Méiglechkeet kréien, bei deenen traditionelle Banken hei um Marché kënnen déi Präten ze strecken. Et wier och do sécherlech net schlecht ... Den Här Fayot hat an enger Loyersgeschichte gesot, et wier, fir eng Iddi ze lancéieren - da wier et hei och gudd, wann d'Regierung géif bei de Finanzinstituter d'Iddi lancéieren, dass et och gudd wier, wa se de private Leit do kéinten entgéintkommen.

Eng aner Ännerung ass déi vum Congé pour raisons familiales, déi och an déi richteg Richtung geet. An ech wëll do och nach eppes ënnersträichen, wat meng Fraktiounsprésidentin gëschter Owend an de Moien och op RTL gesot huet: dass et fir eis wichteg ass, dass déi Leit, déi en Eeleren doheem hunn, ob dat de Papp oder d'Mamm, d'Schwéiermamm, d'Tatta oder de Monni ass, d'Méiglechkeet kréien, op e Congé zrëckzegräifen. Wéi dee Congé herno heescht, ass net wichteg, mee dass et méiglech ass, fir deene Leit dat ze ginn, well jo awer eis Reseau mat deenen neien Ufuerderungen, déi d'Madamm Lenert jo gëschter virgestallt huet am Santésberäich, net méi d'Méiglechkeet hunn, esou vill bei déi Leit ze goen, wéi dat viru de Fall war. Mee dass

mer dann do d'Méiglechkeet schafen, deene Leit deen noutwendege Congé ze ginn, dee se brauchen, fir deene Leit déi Betreierung zoukommen ze loosson, déi se brauchen!

Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, a wa mer elo dervu schwätzen, wat mer nach brauche vu Moyenen, ech mengen, all Dag ännert et sech. All Dag stelle mer fest, dass deen een oder deen anere vergiess ginn ass, dass deen een oder deen anere sech Froe stellt. D'lescht Woch hu mer eis nach Froe gestallt iwwer alleguerten déi Santésberuffer, déi net hei ënnert d'Dispositioun vum Gesetz falen. D'Madamm Gesondheitsministesch huet gëschter e Reglement virgestallt, vum Veterinär iwwert den Orthoped, fir déi alleguerten elo och d'Méiglechkeet besteet, dass déi kënnen ënnert d'Dispositiounen falen, fir och déi Hëllef kënnen ze kréien, wat och wichteg a richteg ass.

An do wäerten och nach aner Saachen eis an der nächster Zäit opfalen, wou deen een oder deen anere vergiess ginn ass. Ech kann nëmmen e Beispill ginn: De Mëtten hunn ech gesot kritt vun enger Agence de communication, déi seet: „Mir falen duerch alles. Mir sinn net forcéiert, direkt zouzemaachen, awer mir hunn elo keng Moyene méi, well mer keng Opdrag méi kréien!“ Déi kënnen theoreetesch iwwert de Chômage partiel fueren. An de Minister seet et och hei, dann ass schonn eng Äntwert direkt ginn. Déi Leit wäerten elo schonn de Schampesstopp fléie loosson, wann Der sot, dat wier alles iwwert dat heite gedeckt!

► **M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes.**- Si solle Cremant huelen an d'Wënzer ënnerstëtzen!

► **M. Marc Spautz (CSV).**- Well och déi stelle sech do ganz vill Froen, wéi et virugeet. An där Fäll wäerte mer elo alleguerten all Dag nach méi begéien, dofir misste mer och regelméisseg dorop zrëckkommen.

Ech wëll och soen, a mir ënnersträichen dat: Den Här Baum huet viru den Zwiefelstonnendag. Mir sinn och der Meenung, dass den Zwiefelstonnendag viru allem am Santés- a Fleegeberäich noutwendeg ass, well dat och dat ass, wat d'Leit vum Terrain eis soen. Ob dat an all Secteur noutwendeg ass, sief dohigestallt. An dofir si mer och frou, dass do d'Personalvertrieeder respektiv de Minister musse Ried an Äntwert stoen, an dofir ënnerstëtze mer och déi Motioun, déi den Här Baum viru den he presentéiert huet, dass duerno e Bilan gezu gëtt.

Et geet eis awer och drëm, an dat solle mer net vergiessen: Et si jo scho Betriber, déi hire Leit Primme ginn, Primme ginn hunn, an ech géif do den Appell maachen, dass d'Regierung soll e Wee sichen, fir déi Primmen och kënne steierbefreit ze maachen. A gläichzäiteg géif ech et noutwendeg fannen, dass d'Regierung och driwwer nodeinkt - net nëmmen nodeinkt, mee ech géif se souguer dozou opfuerderen -, iwwer eng Primm fir déi Leit aus dem Gesondheets- a Fleegegeset. Well et ass komesch, ...

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Marc Spautz (CSV).**- ... wa jiddwereen eng Primm kritt, a jiddweree steierfräi, a vun dem Santés- a Fleegepersonal schwätzt kee Mënsch! An dofir och déi Fuerderung vun eiser Säit un déi dräi Regierungsmitglieder, déi hei sinn: Huelt dat muer mat an de Conseil oder e Freideg mat an de Conseil, dass et och wichteg wier, dass mer och deene Leit, déi un éischter Front stinn, dass mer deenen op iergendeng Aart a Weis e Merci soen! Well jiddweree kritt Merci gesot, net nëmme mat de Wieder, mee och nach mat Akten. Da wier et och vis-à-vis vun hinnen e flotte Gest an et soll een dat och an d'A faassen.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, ech halen elo op. Ech kommen zum Schluss, well d'Madamm Modert wäert nach méi zu deem Aspekt vun de Kënschtler an dem Projekt de loi soen.

Ech kann lech soen, dass et fir eis als CSV wichteg ass, dass eis Économie weiderdréint, dass eis Économie weiderleift, an dofir wäerte mer och de Projekt hei ënnerstëtzen. A mir zielen och drop, dass schnellstméiglech dee Plaffong vu 500.000 op 800.000 an d'Luucht gesat gëtt, fir dass och do d'Leit kënnen dervu profitéieren.

Wa mir zesummenhalen a wa mer keng Zäit verléieren, sinn ech dervu iwwerzeegt, dass et eis ka geléngen, géint dee Virus ze gewannen. Mee dat geet nëmmen, wa mer dat zesumme maachen a wa mer dat alleguerten an déi selwecht Richtung maachen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Spautz. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Bauler (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déif gräifend Krise sinn aschneidend Momenter an eiser Geschicht. Si stellen eng immens Erausforderung duer fir d'Gesellschaft an och fir all eenzelne Bierger. Krise sinn eng Zäsur an eise perséinleche Liewen, eng markant Erfahrung, déi sech déif an eist Gediechtnes agraveiert. Si kënnen awer och fir en Neufank stoen. Duerch eng Krisensituatioun kann et zu engem Émdenken, mat neie Chancen, neien Opportunitéite kommen.

An der grousser Depressioun vun den 30er Joren huet de President Franklin D. Roosevelt op d'Massenaarbeitslosigkeit mat der Politik vum New Deal reagiert. New Deal heescht d'Verdeelen, d'Neiverdeelung vun de Kaarten, e Paradigmewissel an der amerikanescher Haushalts- a Wirtschaftspolitik, déi op e resolutt Agräife vum Staat an eng reguléiert, jo, méi sozial Maartwirtschaft gesat huet.

Änlech erliewe mer an dese Stonnen. Ouni dat engeresch an decidéiert Agräife vun Zentralbanken a Staaten, déi Hëllefspäck vu famineusem Ausmooss zur Verfügung stellen, géife mer riskéieren, an eng Depressioun wéi deemools ze rutschen. Lëtzebuerg ass iwwregens dat Land, dat, a relativen Zuele gekuckt, an deenen zwee nächste Méint esou vill Direkthëllef ausbezilt wéi keen anert. Si entspreche ronn 3 % vum PIB. Kooperatioun ass ugesot, och a grad an der Europäescher Unioun. Zesummen agéiere fir net zesummen ënnerzegoen. Solidaritéit amplaz Egoismus. Et heescht elo, e robust Schutzschëld iwwer eis Économie ze halen. Wie just mam klengen Prabbeli kéim, dee wier scho vu virera verluer.

Léif alleguer, dës Kris huet keng wirtschaftlech Ursachen. Si geet net op eng Kreditkris zrëck wéi déi, déi 2008 d'Bankekris ausgeléist hat. Dës Kris ass och keng Energiekris wéi déi, déi mer nach all heibannen - déi meescht jiddefalls - an de 70er Joren erlieft hunn. Dës Kris ass och net ze vergläiche mat der Dotcom-Kris aus dem Joer 2000, wéi d'Spekulationsblos am IT-Sektor geplatzt ass an et zu grouse Vermögensverloschter koum. Dës Kris hu weeder gierend Spekulant nach Kapitalbesëtzer, déi falsch investéiert hunn, nach Firmen, déi et verschlof hunn, fir sech strukturell nei opstellen, a scho guer net déi schaffend Bevëlkerung, déi schaffend Leit, ausgeléist. Dës Kris ass ee bis ewell eemolegen externe Schock, deen op e Virus, eng Pandemie zrëckgeet. Eng eenzegaarteg Situatioun mat kolossale Konsequenzen, wéi mer se de Moment erliewen.

Här President, zu Lëtzebuerg huet d'Regierung direkt richteg, onbürokratesch a flexibel reagiert. De Projet de loi, dee mir haut wäerte stëmmen, ass en Deel vun enger Panoplie vun Hëllef, déi Lëtzebuerg a kierzester Zäit op d'Bee gestallt huet. D'lescht Woch gouf e Stabilitéitspakt presentéiert, fir dee ganzen 8,8 Milliarden Euro mobiliséiert ginn, fir eiser Wirtschaft duerch déi schwierig Zäit vun der Coronakris ze hëllefen. Net manner wéi 21 Mesurë stinn dofir bereit.

De Premier Xavier Bettel sot: „Mir loosse keen am Ree stoen!“ Dofir adresséieren déi Moossname sech u jiddwereen: un d'Mikroentreprensen, un d'Handwierk, un de Commerce, un déi selbstänneg schaffend Leit, un d'Kënschtler, déi Kulturschaffend an un déi, déi si encadréieren, un d'mëttelstännesch Betriber, awer och un déi gréisser Entreprisé souwéi un d'ASBlen an un d'Privatpersounen.

Dese Pak soll garantéieren, dass d'Entreprisé genuch Liquiditéiten hunn, dass se nach u Prête kommen, dass se hir Salarié bezuelt kréien an dass se och d'Méiglechkeet kréien, fir Paiementer an der Zäit ze verréckelen, ze strecken. Dës Mesurë gëllen net nëmme fir d'Entreprensen, mee si kommen och de Salariéen zegutt. 500 Milliounen de Mount bezilt de Staat fir d'Salarié, déi am Chômage partiel sinn. Fir all déi kleng Betriber an déi Selbstänneg, déi wéinst deser Kris hu missen zoumaachen, gouf eng Direkthëllef vu 5.000 Euro an d'Liewe geruff, net remboursabel a steierfräi.

Nach ni konnten esou vill Leit vum Teletravail profitéieren wéi elo. Souguer fir eis Salarié aus der Belsch an aus Frankräich goufen Ausnameregelungen a Rekordzäit mat de politesche Verantwortlechen an eisen Nopeschlänner ausgethandelt.

Net méi spéit wéi gëschter huet de Mëtzelstandsminister Lex Delles ugekënnegt, dass d'Betriber déi järelech Cotisatioun fir d'Online-shopping-Plattform letzshop.lu dës Joer jiddefalls net muss bezuelen. Dat ass eng weider indirekt Hëllef.

Här President, d'P begréisst all dës Moosnamen. Si si wichteg, jo, liewenswichtig fir eis Économie. Ech si mer sécher, dass duerch dës Mesuren all d'Betriber, déi viru Coronavirus gesond opgestallt waren, et duerch dës Kris packe wäerten. Verschiddener wäerte wuel mat enger Schrumm oder enger Téitsch duerch déi schwéier Zäit kommen. Mee et geet drëms, de



Vollcrash ze vermeiden. Et geet drëms ze iwverbrécken, duerch de Bësch ze kommen an dann nei ze starten.

All dës Moosname sinn natierlech nëmme méiglech, well eis Staatsfinanzen dank enger virsiichterger Budgetspolitik gesond dostounge, wéi dëst gewaltégt Ongléck un d'Dier geklappt huet. Der Budgetpolitik ass et an de leschte Jore gelongen, mat héijen Investissementer d'Land ze moderniséieren an d'Staatsfinanzen nees op zolidd Féiss ze stellen. Den Defizit am Zentralstaat louch ëmmer méi niddreg wéi am Budget ugeholl. An de Joren 2014 bis 2017 louche mer ëmmer no beim Gläichgewicht tëschent Recetten an Depensen. 2018 hu mer fir d'éischte Kéier no der Bankekris erëm schwartz Zuele geschriwwen.

Den Triple-A gouf vun alle Ratingsagencë bestätegt a gëtt bis ewell och net a Fro gestallt. D'Staatsschold louch Enn 2019 bei ronn 20 % vum PIB. Dat ass also déi zolidd Basis, déi eis elo an dëser gravéierender Situatioun zeguttkënnt an eis Sputt gëtt, och wa mer ongewollt nei Scholde musse maachen, fir der Wirtschaft an de Leit am Land ënnert d'Äerm ze gräifen.

Léif alleguer, wat léiert eis dës Kris, déi jo en externen, en exogene Schock ass? Dee falschste Reflex wier den Egoismus. Mir schaffen an engem europäesche Bannemaart. Trotz Viruskris därefer Liwwerketten net ënnerbrach ginn. Mir liewen an enger Schicksalsgemeinschaft, an enger europäescher Schicksalsgemeinschaft, an där jiddwereen deen anere brauch. Wieren d'Grenzen hermeetesoch zougemaach ginn, wat jo glécklecherweis net geschitt ass, géif dat d'Auswierkung vun der Kris nëmmen nach verschlimmeren.

Op dëser Plaz wëll ech och un all déi Leit denken, déi an eiser Landwirtschaft schaffen. Fir si géllt net: „Bleift doheem!“ Si mussen hir Stécker elo prettmaachen, fir datt dëst Joer am Summer an am Hierscht Recolté kënnen eragefuer ginn. Wäre mer am schlechstméiglechen Zenario, wou d'Grenze ganz zougéingen an eis Supermarché keng Produiten aus dem Ausland méi géife kréien, da géife mer eis eréischt richtig bewosst ginn, wat fir eng Chance mer hunn, datt mer nach e puer Baueren, Gäertner a Wénzer hunn, déi eis Mëllech, Flesch, Geméis, Uebst a Wäi vun heiheem produzéieren.

Här President, d'Kris léiert eis och, datt mer an Europa nees driwwer nodenke mussen, wat fir strateegesch Produkter net ganz ausgelagert därefer ginn. D'Globaliséierung stéisst elo u kloer Grenzen, zumindest deelweis. Denke mer un d'Medikamenter oder un d'Automobillindustrie, wou mer sollten Ersatzcapacités opbauen. Alles an allem geet et drëm, fir d'Plus-value an domadder d'Liwwerkette méi staark, jo, méi robust ze maachen, betount och den däitschen Ekonomist Gabriel Felbermayr.

Innovatioun a Fuerschung mussen nom Enn vun der sanitärer Kris weider ënnerstëtzt ginn. Investissementer a Beräicher wéi Medezinn, Digitaliséierung an anerer därefer elo net no hanne geréckelt ginn. Investissementer sinn essenziell am Kampf géint méiglech nei sanitär an aner Krisen. Investissementer an nei Mobilitéitsinfrastrukturen, an Transportmëttel, a Bildung an a Fuerschung bereeden eng besser an eng méi séier Zukunft vir.

D'Reduzéierung vun eiser Schold an de leschte Joren an den Triple-A, also d'Triple-A-Bewäertung, verschafen eis Spillraum, fir an dëser aussergewöhnlecher Situatioun mam Schëff duerch de Sturm an déi staark Wellebewegungen ze kommen.

Léif alleguer, grad an esou schlëmme Momenter ass d'Kooperatioun tëscht de Länner vun essenzieller, jo liewenswichteger Bedeitung. Mir séizen all an engem Boot, huet de Finanzminister Pierre Gramegna virun dräi Deeg gesot. Wann dëst ënnergéing, da géife Verschiddener mat ënnergoen. An déi, déi sech u Land rette kéinten, hätten näischt méi iwwreg. An esou engem Europa wëllt hien net liewen.

Léif Kollegen, mir alleguer heibanne sécher och net. Esou een Europa géif dem blannen Egoismus an domat engem geféierlechen Nationalismus Dieren a Paarten opmaachen.

No dëser Kris heescht et, fir sech weltwäit en neien institutionelle Kader ze ginn, fir an esou Krisen op internationalem Plang an Zukunft méi effikass zesummenzeschaffen, net nëmmen um Niveau vun den Zentralbanken, mee och a grad vun de féierende Staaten. Dat klängt illusoresch, ma et ass, wéi dës Kris et weist, bluttnoutwendeg. Den Egoismus notzt kengem. Den Egoismus ass déidlech. Wie just no sech kuckt, dee schuet leschten Enns sech selwer.

D'Kris léiert eis och, datt mer den Teletravail, do wou méiglech an néideg, weiderentwéckele mussen. Déi Entrepreneuren, déi schonns virun der Kris mat dem Modell vum Homeoffice geschafft hunn, sinn elo kloer am Virdeel. Si hunn e strateegesche Virdeel op déi, déi sech elo eréischt Gedanke maachen, wéi hir Salarié vum

doheem aus schaffe kënnen. Den Teletravail ass sécherlech net en Ersatz fir eise jëtzege Aarbechtsmodell, mee e bitt Chancen, fir d'Mobilitéit ze verbesseren, also d'Stroossen an d'Zich ze entlaaschten, fir Zäit ze gewannen, déi ee fir seng Famill kann notzen, a fir och am Krisefall schaffen ze kënnen, ouni sech déplacéieren ze mussen.

Digital gesi musse mer de Standuert Lëtzebuerg sécherlech nach méi attraktiv maachen. Dat geet vum 5G-Netz bis iwwer weider Moosnamen, déi d'Bürokratie mat der Digitaliséierung hëllefen ofbauen. D'DP huet reegelméisseg op den Notze vun der Telemedezinn opmierksam gemaach an hiren Ausbau gefuerdert. D'Kris huet eis elo bewisen, datt et fonctionéiere kann. Momentan si just Consultatiounen iwwer Telefon an iwwer Internet méiglech. Ordonnancé gi „paperless“, wéi dat esou schéin heescht, also ouni Pabeier verschéckt. Ech si mer sécher, datt dëst a ganz noer Zukunft och an Netkrisenzäite méi dacks de Fall wäert sinn.

Här President, d'Kris ass e grave Schock fir eis all. Si strapaziéiert eis Wirtschaft, eis Gesellschaft an eise Staat. Si stellt eise Gesondheetssystem op eng haart Prouf. An dës Kris ass fir vill Mënschen eng schwéier Belaaschtung, souwuel organisatoresch wéi psychesch.

Mee um Enn vun all Kris steet en Neufank, mat neien Erkenntnisser, neien Erausforderungen, neie Chancen. Loosst eis dës Chancen notzen, fir datt mer déi nächst sanitär Kris vermeiden an am Noutfall duerch méi Innovatioun besser iwwerstoe kënnen! Loosst eis awer och virun allem zesummenhalen, fir datt Lëtzebuerg, eis Gesellschaft, eise Staat, eis Wirtschaft a jidder eenzelne Mënsch dës schwéier Momenter beschtméiglech kann iwwerstoen!

Déi zoustänneg Ministeren hu séier gehandelt. Dat war wichteg. Et vergeet och keen Dag, wou net eng nei Moosnam ugekënnegt gëtt, well gemierkt gouf, datt ee vergiess gouf. Ech si mer sécher, datt nach Moosnamen nokommen.

D'DP verschléisst sech och net, fir d'Maximalhëllef vu 500.000 op 800.000 Euro ze erhéien, falls d'Kris géif weisen, datt dat noutwendeg wier. Dofir wäerte mir natierlech och déi Motioun ënnerstëtzen. Si gëtt jo heibanne glécklecherweis vun alle Parteie gedroen.

Här President, elo heescht et virun allem hoffen, datt dës Momenter esou séier wéi méiglech en Enn fannen. Dat wënschen ech eis alleguer, ouni awer ze vergiessen, nach eemol e grouse Merci un all déi Mënschen ze richten, déi derfir suergen, datt dëst Land minimal fonctionéiert. Virun hirem Asaz wëll ech mech an déiwem Respekt vernäipen!

Zum Schluss ginn ech dann nach den Accord vun der demokratescher Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Merci villmools, Här Bauler. Nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Tess Burton. Madamm Burton, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Tess Burton (*LSAP*).** - Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, d'Gesondheet vun eis alleguer steet an dësen Zäiten am Vierdergrond. An dat ass dat Allerwichtigst. Nëmme zesumme kënnen mer dëse Virus bekämpfen an dës schwéier Zäit iwwerstoen.

An dofir kann een deene Leit, déi de Moment u viischer Front géint de Virus kämpfen, net oft genuch Merci soen. Dat sinn eis Dokterer, eis Infirmieren, alleguer d'Acteuren aus dem Gesondheetssécteur, mee och d'Leit, déi an de Supermarché schaffen, déi Leit, déi am Transportweise schaffen, eis Offallversuergung, eist Botzpersonal, eis Staatsbeamten an awer och eis Gesondheitsministesch, d'Paulette Lenert, mat där ganzer Regierungsekip, an alleguer déi, déi ech elo net opgezielt hunn, mee déi alleguer duerch hir wichteg Aarbecht d'Land an d'Gesellschaft an dëse schwéiere Stonnen um Lafen halen.

E Merci geet awer och un all d'Benevollen, déi sech duerch déi verschiddenst Aktivitéiten auszeechnen, sief et duerch d'Akafegoe fir déi méi vulnerabel Leit oder duerch d'Bitze vu Masken oder duerch aner sozial Aktiounen. Hinnen all wëll ech am Numm vun der LSAP nach eemol e grouse Merci soen. Si sinn do, fir dass mir dës schwéier Zäit hei zesummen als Gesellschaft iwwerstinn.

Här President, dës sanitär Kris, an där mir eis de Moment befannen, wäert och e groussen Afloss op eis Wirtschaft hunn. Mir schwätzen hei net nëmme vun enger sanitärer Kris, mee och vun enger Kris fir déi weltwäit Wirtschaft. Sait dem 16. Mäerz hunn hei zu Lëtzebuerg e groussen Deel vun de Betriber hir Diere missen zoumaachen. An och aner Betriber spieren d'Konsequenze vun dëser Decisioun. Eis Betri-

ber sinn op Standby. A wa mir wëllen, dass eis Gesellschaft no där Kris weiderfunktionéiere kann, well iergendwa wäerte mer dës sanitär Kris hei hannert eis hunn, da musse mer elo no eiser Wirtschaft, no eise Betriber kucken, ouni awer iergendee Beräich, wéi zum Beispill d'Kulturzeen oder déi Leit, déi am Gesondheetssécteur schaffen, ze vergiessen.

All Patron an all Salarié hei am Land ass wichtig. An dofir muss och fir d'Sécherheet vun all Einzelne gekämpft ginn. Sécherheet heescht an dësem Fall fir de Salarié, dass hie sech drop verlosse kann, dass hien no dëser Kris seng Aarbecht erëm kann ophuelen, also net entlooss gëtt, an och während dëser schwiegeger Zäit eng Indemnitéit kritt. A fir de Patron heescht Sécherheet, no der Kris d'Diere vu sengem Betrib erëm kënnen opzespären a seng Aktivitéit erëm weiderzeféieren an dat zesumme mat senger Mataarbechter. Kee soll duerech dës Kris seng Aarbecht verléieren. Dat ass d'Zil vum Stabilitéitspakt vun der Regierung.

Här President, de Stabilitéitspakt gouf de leschte Mëttwoch vun der Regierung virgestallt. Dëse gesäit, ënner anerem, niewent enger eemoleger Aide non remboursable vu 5.000 Euro fir d'Entrepreneuren an engem Moratoire op Préten och d'Subvention en capital sous forme d'avance vir, déi mir haut hei mam Projet de loi 7532 stëmme wëllen.

Et geet drëms, dass eis Betriber gehollef kréien, liquide ze bleiwen, an dat esou schnell wéi méiglech an esou onbürokratesch wéi méiglech. Dëse Projet gesäit, wéi vu menger Kollegein Carole Hartmann, der Rapportrice, gutt duergeluecht ginn ass - merci dofir! -, eng finanziell Hëllef fir d'Entrepreneuren an Héicht vu maximal 500.000 Euro vir, dat ënnert der Form vun enger Avance remboursable, déi unhand vun de Salaires- a Loyerkäschte gerechent gëtt.

Mir stëmme dësem Projet de loi natierlech zou, och wann d'Form vun där Aide, nämlech eng Avance remboursable, eis liicht Suerge mécht. Et wäerten Entreprisé ginn, déi dës Avance nëmme schwéier rembourséiere kënnen, well a verschiddene Beräicher d'Pertén, déi duerch dës Kris verursaacht gi sinn, kaum erëm anzehuele sinn.

Iwwerliewenswichtig fir d'Entrepreneuren ass an deenen nächste Wochen, Liquiditéiten ze behalen. Dat ass d'Zil vun deem heite Projet. An dofir wäerte mir deen och esou ënnerstëtzen. Mat dësem Pacte de stabilité a mat deem heite Gesetz gëtt nämlech derfir gesuergt, dass keng Entreprise aus Liquiditéitsproblemer an deenen nächste Méint muss Faillite maachen. An dës Decisioun vun der Regierung ass hir héich unzerechnen.

Héich unzerechnen ass hir och, dass si alles mécht, fir d'Salariéen ze schützen. Dëst gouf scho ganz fréi a konkreet mat der Méiglechkeet vum Chômage partiel an d'Wëer geleet. D'Mataarbechter sinn dat Wichtigst fir de Betrib. Ouni si kënnen eis Betriber net fonctionéieren. Mir si frou, dass d'Betriber heifir de Chômage partiel kënnen ufroen an deen och opgemaach ginn ass fir all d'Secteuren hei am Land. Dës Hëllef muss elo esou schnell wéi méiglech ausbezuelt ginn. Den Aarbechtsminister huet mer haut de Moie matgedeeit, dass si prett sinn an déi éischt Entrepreneuren hir Hëllefe kënnen an Usproch huelen.

Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, mir sinn net méi an Zäiten, an dat ass och gutt esou, wou déi eng déi Gutt an déi aner déi Béis sinn. Mir befannen eis an enger Zäit vum „Zesummen“. Zesumme weise mir dat och heibannen an der Chamber, wou mer zanter dëser Kris ënnert de Parteien, awer och tëschent Regierung an Opposition méi no zesummestinn a kucken, wat dat Beschit fir eist Land ass. D'selwecht maachen et och d'Patronen an d'Gewerkschafte mat hire Salariéen. D'selwecht maachen et och d'Clienten dobaussen, déi sech solidaresch mat de Betriber weisen an eis Betriber iwwer verschidden Aktiounen schonn elo ënnerstëtzen.

Här President, Lëtzebuerg weist am Moment eng enorm Solidaritéit an e groussen Zesummenhalt. An dozou zielt jiddwereen. An dorop kënnen mer och alleguer houfreg sinn, dass an eise Land grad an dësen Zäite Solidaritéit an Zesummenhalt esou groussgeschriwwen ginn.

Allerdéngs gëtt et eng Grupp, déi sech dëser nationaler Solidaritéit entzieë wëllt. D'lescht Woch huet d'Union des propriétaires sech zur aktueller Kris geäussert mat engem Statement, deen dach erfëiert huet. Spéitstens wann e Land esou eng Kris ze bewältigen huet an de Grand-Duché wéi eng Eent zesummesteet, misst ee sech emol vläicht iwwer säi Rôle an der Gesellschaft Gedanke maachen. Mir kënnen net akzeptéieren, dass mir elo hei Hëllefe fir Entrepreneuren, déi schwéier ze kämpfen hunn, stëmme an dat Geld dann integral duerch Loyersauszuelungen un déi geet, déi schonn déi gréisste Fortunnen hunn.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Tess Burton (*LSAP*).** - Ech wëll hei selbstverständlech net all Propriétaires an een Dëppe geheien, well och hei gëtt et eng ganz Rei, déi hire Locataire scho Loyersvergënschtegung versprach hunn. Och si gehéieren zu deem solidaresche Lëtzebuerg. Mee wann en Daachverband esou Aussoe mécht, muss ee sech och vläicht kloer vun dësem distanzéieren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Tess Burton (*LSAP*).** - Här President, ech sinn der Meenung, dass, wa sech hei näischt doe sollt, och de Logementsminister weider Schrëtt ënnerhuele muss, net nëmme fir d'Betriber, mee och fir d'Privatleit. De Loyer fir d'Privatleit ass schonn an normalen Zäiten den Aarmutrisikofacteur Nummer eent hei zu Lëtzebuerg. Fir vill Leit am Chômage partiel, déi also nëmme 80 % vun hirer normaler Pai kréien, gradesou wéi fir vill Commerçanté kéint de Loyer hinne spéitstens elo zum Verhängnis ginn. An dat dierfe mer net zouloossen.

Wann herno d'Propriétaires nach als eenzege Gewënner aus där Kris hei erausginn, hu mer definitiv eppes falsch gemaach. Jiddweree muss elo en Deel dozou bäidroen, dass mir dës Kris beschtméiglech zesummen iwwerstinn. An ech ënnersträichen hei nach eemol dat Wuert „jiddwereen“!

Den Aarmutrisiko ugeschwat, wëll ech och den aussergewéinlechen Effort duerch den Aarbechtsminister Dan Kersch ënnersträichen, dass och am Chômage partiel kee manner wéi de Mindestloun wäert kréien. Duerch dës sozial Moosnam verhënnere mer, dass d'Schéier hei am Land nach weider auserneegeet. Hei gëtt deene gehollef, déi schonn all Mount déi meeschte Suergen hunn, fir iwwert d'Ronnen ze kommen.

Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, ech wëll nach zwee Detailer aus dem Projet de loi ervirhiewen, déi ech nach emol wichtig fanne ze erwänen.


Wéi scho grad ugeschwat, stëmme mer mat dësem Projet de loi eng Aide remboursable. Ech sinn awer zouversichtlech, dass herno d'Regierung kee fale léisst, wann et ëm d'Zréckbezuete geet. Am Commentaire vun den Amendements gouvernementaux ass nämlech ze liesen, dass et sech ëm eng Subvention en capital soll handeln, déi just „en cas de meilleure fortune“ rembourséiert muss ginn. Et ass virgesinn, dass no zwielef Méint de Ministère mat all Entreprise e Plan de remboursement wäert opstellen. An do ass et wichteg, dass een der Entreprise déi néideg Zäit gëtt, fir hiren Deel Zréckbezuete, an och nach eemol deenen Entrepreneuren hëllef, déi hir Pertén net méi opgefaange kréien. An ech sinn zouversichtlech, dass och hei d'Regierung kee wäert fale loosse.

Heizou soll och de Plan de redressement bäidroen. De Minister hat eis an der Kommissiounsetzung erkläert, dass dëst eng ganz einfach Prozedur wäert ginn, dass et sech hei just ëm dräi Froen handelt. Mir verstinn awer d'Bedenke vun administrativen Hürden an ënnerstëtzen dofir och d'Fuerderung an der Motioun, fir dëse Plan de redressement flexibel ze loosse.

Här President, en Deel vun eise Wirtschaftssystem an deen zur Diversifikatioun vun dësem bäidréit, dierf och net vergiess ginn. Et ass dat Lëtzebuerg als Startupnatioun. D'Startuppe sinn extreem fragill Entitéiten, déi och eis Hëllef brauchen. Ganz oft erfëlle si awer net déi verschidde Konditiounen, fir déi verschidden Hëllefe kënnen an Usproch ze huelen. Hei musse mir zesumme Méiglechkeete fannen, fir hinnen ze hëllefen. Ech sinn awer dovun iwwerzeegt, dass de Ministère mat senger Partner wéi der Luxinnovation do alles wäert méiglech maachen. An de Wirtschaftsminister wäert sécherlech herno och nach eng Kéier dorobber agoen.

Här President, dës Direkthëllef fir d'Entreprisé soll laut éischten Héichrechnungen de Staat 300 Milliounen Euro kaschten. Och hei huet d'Regierung schonn nogebessert. Et waren am Ufank duerch zwee Budgetartikelen nëmme 54,5 Milliounen Euro virgesinn.

Eng ganz aner wichteg Ännerung, déi d'Regierung nach an den Text aflësse gelooss huet, ass, dass déi Hëllefen elo och dem Kultursecteur zeguttkomme kënnen. Sou ginn elo am Text explizitt d'Professions vun den Artistes indépendants an den Intermittents du spectacle genannt. Kultur verbënt nämlech och an dësen Zäiten, wéi ënner anerem och de grouse Succès vun e sëllechen Aktiounen aus der Kulturzeen weist. Merci och hinne fir hiren Asaz an dëser Zäit!



Mir hunn nämlech eng gutt lokal Lëtzebuenger Kulturzeen, déi et absolutt ze ënnerstëtze géllt. Géife mer en Deel vun dëser Kultur duerch dës Kris verléieren, géif Lëtzebuerg als e vill méi aarmt Land aus där Kris hei erausgoen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ugefaangen hunn ech meng Ried mat de Wieder: „D’Gesondheet vun eis alleguer steet an dësen Zäiten am Vierdergrond. An dat ass dat Allerwichtigst.“ Jo, d’Andämmen an d’Bekämpfe vun deem Virus mussen elo absolutt un éischter Stell stoen. Do dernieft, mengen ech, ass et awer och un der Zäit, fir weider ze denken, fir Visiounen ze entwéckelen, wéi et duerno soll weidergoen.

Weist dës Kris net, wat wierklech wichteg ass an op wien a wat et wierklech ukënnt? Sollten de Gesondheetssecteur a seng Beruffer net eng Opwärtung kréien, déi si verdéngen? Sollte mer als Lëtzebuerg net erëm vill méi Wäert op lokal Produktioun a Consommation leeën? Sollt Europa net endlech nees déi absolutt néideg Produite selwer produzéieren? Ech denken hei zum Beispill un d’Pharmaindustrie, also un d’Produktioun vu Medikamenter.

Sollte mer net endlech konsequent Schrëtt alleeen, fir eise Logementsproblem ze bekämpfen? A sollt net endlech de Bien-être vun de Leit, de Mënschen am Mëttelpunkt vun all eisen Iwwerleeunge stoen an net de kapitalistesche System, dee sech gréisstendeels op de Boursen ofspillt?

Ech sinn der fester Iwwerzeegung, dass mer no där Kris net einfach kënnen esou weidermaache wéi virun, mee dass mir weider u Léisungen op dës Froe mussen schaffen an esou eise System iwwerdenke mussen. Eng Aufgab an eng Iwwerleeung, déi esou, mengen ech, och vun de Bierger grad elo vun eis als Chamber verlaangt gëtt.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d’PMEen, den Horeca-Secteur an d’Kulturzeen maachen eist Land zu deem, wat et ass. Si hunn et schwéier a sollen dofir ënnerstëtzt ginn. Ëmsou méi bemierkenswäert ass awer, dass si net einfach no Hëllef järezen, mee si engagéiere sech selwer.

Ech denken hei un déi vill Betriber, déi scho Masken oder anert Material, wat se nach op Stock haten, u Klinicke geliwwert hunn. Ech denken awer och un déi sëllech Initiativen, wéi zum Beispill de Liwwerservice am Horeca-Beräich oder an anere Beräicher. Och eis Wënzer setzen de Moment verstärkt op Livraisonsen, fir esou hir Perten ze kompenséieren. Vill Betriber siche selwer no Léisungen, fir dës Zäit hei ze iwwerbrécken. Hinnen och dofir e Merci!

Här President, wat eis Landwirtschaft betrëfft, kënnen se de Moment hir Aarbecht fortsetzen, andeem si déi allgemeng Hygiènesbestëmmungen an déi sougenannte „gestes barrières“ anhalen. An dat ass och wichteg, well si de Moment déi sinn, déi eis Liewensmëttelketten oprechterhalen, virun allem wat d’Mëllechproduktioun, d’Fleesch an d’Geméis betrëfft. Och hinne kënnen mer Merci soen, dass si fir eis do sinn an där schwéier Zäit.

Dëst weist nämlech méi wéi jee, dass et wichteg ass, dass mir eng eege Liewensmëttelproduktioun hei zu Lëtzebuerg hunn, an dass mir d’Aarbecht vun eise Bauere méi wäertschätze mussen. D’Konsumente si grad elo opgeruff, lokal ze kafen an och eis Bauerebetriber ze ënnerstëtzen.

Déi landwirtschaftlech Betriber, sief dat d’Baueren, d’Wënzer an och d’Kooperativen, déi Liquiditéitsschwieregkeeten hunn, kënnen sech awer och un de Wirtschafts- an de Mëttelstandsministère wenden a kënnen vun dësem Gesetz profitéieren.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir kucke jo ëmmer ganz gären an d’Ausland a vergläichen eis mat deem, wat do geschitt. Ech mengen, dass mir de Verglach an dësem Kontext absolutt net brauchen ze scheien an dass et wuel kaum e Land gëtt, wat esou e Package un Hëllef, insbesondere Direkthëllef, an esou kuerzer Zäit beschloss huet.

De Chômage partiel an de Congé pour raisons familiales waren déi éischt zwou Hëllef vun deem ganze Pak, déi de Leit direkt zegutt wäerte kommen, weider d’Indemnité d’urgence certifiée, also déi Direkthëllef iwwer 5.000 Euro fir kleng Betriber. Gradesou wéi déi méi flexibel Optiounen, wat d’Bezuele vun der TVA an de soziale Kontributiounen ugeet, zesumme mat de Moratoires op Prëten, an d’Garantien, déi de Staat an d’Banke ginn an eeben elo dësem Projet de loi weisen, dass wirtschaftlech duerch dës Pak all Beräich ofgedeckt ass a mir mat deenen néng Milliarden dës schwéier Zäit kënnen iwwerstoën.

Et ass wichteg, dass elo awer jiddwereen eng Hand mat upaakt a kuckt, wéi en a sengem Betrieb kann hëllefen, dës schwierig Zäit ze iwwerbrécken, bis eis Wirtschaft erëm ka rullen. Wichteg ass et elo och, dass déi verschidde Mesuren esou séier wéi méiglech kënnen an Usproch geholl ginn. Dofir d’Drénglechkeet vum Stëmme vun deem heite Projet de loi, dee viru knapps zwou Wochen deposéiert ginn ass. Awer eng einfach Handhabung vun de verschidde Mesuren heescht och, dass mer d’Entreprises net mat ze vill administrativem Opwand iwwerfuerderen.

Wichteg ass och, dass elo dat néidegt Personal am Wirtschaftsministère zur Verfügung steet, fir all déi Demandé schnell ze traitéieren. Ech hat de Moie mam Wirtschaftsminister Franz Fayot geschwat, dee mir sot, dass d’Formulaire fir dës Hëllef, déi mer haut hei stëmmen, Enn der Woch prett sinn an dass dann d’nächst Woch schonn déi éischt Hëllef theoreetesch kéinten ausbezuelt ginn. Och hei kann een d’Regierung just luewen, dass si et eescht mengt mat deenen Hëllef, déi séier solle kommen an onbürokratesch sollen ugefrot kënnen ginn.

Här President, nach kuerz e Wuert zur Motioun. Natierlech si mer domat averstanen, fir dës Aide hei op 800.000 Euro ze hiewen. Mir konnten am Projet de loi net méi dorobber reagéieren, well mer soss de Projet an d’Längt gezunn hätten. An et ass wichteg, dass de Projet esou schnell wéi méiglech gestëmmt gëtt, dass dës Aidé schonn dës Woch kënnen ugefrot ginn.

Wat de Plan de redressement betrëfft, huet de Minister Lex Delles eis verséichert, dass dat eng ganz einfach Etapp bei der Ufro vun dëser Aide wär an dass et éischter eng Hëllef sollt si fir d’Betriber fir ze kucken, ob si all méiglech Aiden an Usproch geholl hunn, éier si nach Sue léine ginn. Ech sinn d’accord domat, dass dës Plang flexibel muss sinn an am Interessé vun de Betriber.

Här President, dës Stabilitéitpak zesumme mat all de sëllegen Initiativen aus dem private souwéi dem kulturelle Beräich weisen, dass, wann et drop ukënnt, mir dës Kris hei wäerte meeschteren. An dat awer nëmmen zesummen! An domadder soen ech lech Merci fir d’Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Burton. Nächstes ageschriwene Riedner ass déi honorabel Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d’Wuert.

► **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, fir d’alleréisch, ier ech et vergiessen, géif ech ganz gären der Rapportrice, dem Carole Hartmann, hei Merci soe fir dës Rapport, deen net nëmmen a Rekordzäit zustane komm ass, mee deen och, wéi ech fannen, an eng ganz klouer, einfacher Sprooch war, mat allen Informatiounen. Ech mengen - dat ass ee vun de Punkten, wou ech och wäert drop zrëckkommen -, den Accès un d’Informatiounen fir eis Betriber ass immens wichteg an et ass wichteg, dass mer déi Informatiounen, déi de Moment quasi iwwerliewenswichtig si fir eis Betriber, och kloer no bausse vehiculéieren.

Ech géif och net méi ganz op d’Detailer vum Rapport agoen an och vun dësem Gesetzesprojet, vu dass dat alles schonn hei am Detail gemaach ginn ass, a mech méi op den Impakt vum Gesetz konzentréieren an op den allgemenge Kader, an deem mer eis hei beweegen.

Mir sinn an eng ganz onerwaarter Situatioun, déi vun eis verlaangt, dass mer d’urgence handeln, well eis Betriber dabausse séier a ganz onbürokratesch Hëllef brauchen. A mir bewiese mat dësem Gesetz, dass mir a kierzester Zäit kënnen reagéieren, fir déi néideg Hëllefstellungen och kënnen ze bidden.

Dës Projet de loi gouf den 13. Mäerz an der Chamber deposéiert. Saitdeem koom et opgrond vun den Aweise vun de Berufskummeren a vum Staatsrot zu enger ganzer Rei vun inhaltlechen Ännerungen. An eng, déi mir do ganz besonnesch begrëssen, ass d’Ausweitung vum Champ d’application vun dësem Gesetz. Well waren am Ufank just Kleng- a Mëttelbetriber viséiert, esou kommen elo ënnert der definitiver Versioun vum Projet all d’Entreprises - kleng, Mëttel a grouss - an och doriwwer eraus d’Independanten an déi Kulturschafend an de Genoss vun dësen esou wichtegen Hëllef.

Mir begrëssen hei ausdrécklech d’Inklusioun vum kulturelle Secteur, deen eeben och en Deel vun eisem Tissu économique ass, mee net nëmmen. D’Kulturliewe suergt och op seng Manéier fir sozialen Zesummenhalt. An ech mengen, vill Leit hunn et scho gesinn: déi flott Initiativen, déi de Moment getraff ginn, fir och grad d’Kultur elo digital eriwwezebréngen, wou een owes sech ka Concerten, kleng Stécker ukucken, Kultur och fir Kanner accessi-

bel ass de Moment an dësen Zäiten, wou mer doheem setzen an net méi wëssen, wat mer solle mat de Kanner maachen. Et gëtt ganz vill am kulturelle Beräich gemaach, fir d’Leit iergendwéi digital dann awer beieneenzekréien, beieneenzereckelen a schéi Momenter mateneen ze verbréngen.

Haut, am Kader vun dësem Gesetz, war et eis wichteg, fir och dës Secteur vun den Hëllefsmoosname profitéieren ze loosse an em domadder och den néidege Stellwäert ze ginn.

Mir stinn natierlech och hannert dem Entrepreneuriat. Als Indépendant hëlt ee Risiken op sech, fir säin eegene Wee ze goen a säin eegene Bäitrag zu eiser Gesellschaft ze leeschten. Domadder bitt ee fir sech, a gegebenefalls och fir seng Mataarbechter, Aarbechtsplazen a Sécherheet. Fir sech selbstänneg ze maachen, brauch ee Courage. A mir hunn als Land ëmmer versicht, dee Courage ze belounen an hu jiddwereen ënnerstëtzt, dee bereet war, ze innovéieren an op dës Wee ze goen. Och an der aktueller Kris hale mir un dësem Prinzip fest.

Duerfir ass et eis besonnesch wichteg, dass hei och bei Startups derfir gesuergt gëtt, dass si net duerch d’Raster falen, well si eventuell nach op wackelege Bee stinn an nach net d’Zäit haten, sech eng zolidd Basis ze schafen. Et ass onëmgängelech, dass och si d’Méiglechkeet kréien, ganz aus dëser Kris erauszekommen.

Dës Kris däreft och net derzou féieren, dass d’Innovatioun an den Entrepreneursgeeschten an eise Land erstéckt ginn. Mat dësen Hëllef gi mer den Entrepreneuren de Message, dass, wann een e Risiko ageet a Courage beweist, een och a Krisesiatiounen net hänke gelooss gëtt.

Eis Regierung huet hei e risegen Effort gemaach, fir jiddwerengem déi bescht Méiglechkeeten ze ginn, dës kriddeleg Zäit iwwerbrécken ze kënnen. Wou vläicht nach eng kéier muss nogekuckt ginn, ass, wéi et mat den Indépendanten ouni Autorisation de commerce ausgesäit. Ech denken hei ënner anerem u Beispiller wéi Traineren, Personal Coaches oder Leit, déi esou freelance Sproochecoursé ginn an déi och haaptberufflech dovunner liewen. Si sinn e bëssen an enger spezieller Situatioun, well si net fir déi Aidé vu 5.000 Euro eligibel sinn an och net fir de Chômage partiel. Duerfir si mir natierlech frou, dass och si elo hei an dësem Projet de loi mat viséiert sinn an déi néideg Hëllef kënnen ufroen, fir iwwert d’Ronnen ze kommen.

Hei mussen mir just evaluéieren, jee nodeem wéi laang dës Situatioun nach undauert, ob hei nach vläicht muss nogebessert ginn. Well déi Aiden, fir déi si hei eng Demandé kënnen ufroen, mussen jo zrëckbezuelt ginn. Si hunn domadder, wat hire Revenu ubelaangt, esou eppes wéi en Ersatzgehalt op Kredit, a vu dass hire Revenu an der Reegel net immens héich ass, ass de Risiko grouss, dass se herno an d’Bredouille kommen, wann et drëm geet, dann déi Zommen erëm ze remboursséieren.

Wat de Gesamtpak vun den ugekënnegte Mesuren ubelaangt, do goufe jo iwwert dës Projet de loi eraus eng Partie Mesuren ergraff, déi eise Betriber an hire Mataarbechter zeguttkommen. De Congé pour raisons familiales zum Beispill ass ganz generéis ausgeluecht. An de Chômage partiel ass och ee vun deene generéiste wäit a breed. All dës Mesuren zesumme sinn eminent wichteg, fir d’Iwwerliewe vun eise Betriber ze erméiglechen.

Ech denken hei ganz besonnesch, awer net nëmmen, un den Horeca-Secteur an un d’Reesbranche am Allgemengen; hei sinn d’Entrepris mat am häerteste getraff. All Dësch, all Zëmmer, wat am Mount Mäerz net konnt beluecht ginn, kann net am Mount August oder September duebel beluecht ginn. Anescht wéi an anere Secteure besteet hei also keng Méiglechkeet, d’Perté groussaarteg erëm eranzefueren.

An der Reesbranche besteet déi zousätzlech speziell Erausforderung, dass d’Mataarbechter zu engem groussen Deel hei net kënnen an de Chômage partiel geschéckt ginn, well grad a Krise wéi där hei gëtt hiert Personal nach gebraucht, fir de Service Client ze garantéieren, Froen ze beäntweren, Buchungen ze stornéieren oder déi ganz Administratioun ronderëm annulléiert Reesen ofzesécheren. Et bestinn also weiderhin héich lafend Käschten, déi ouni de Pak vun anonncéierten Aiden net ze bewältege wieren.

Wat dës Projet de loi elo konkreet ubelaangt, do handelt et sech jo hei ëm eng Avance remboursable, déi e Maximum vu 500.000 Euro kann erreichen. Wéi gesot, mir hate schonn driwwer geschwat, dass dat kann, gegebenefalls, opgestockt ginn op 800.000 Euro, falls dat sech als néideg géif erweisen. Ech mengen, et war och eng ganz weise Entscheedung, elo emol mat deene 500.000 unzefänken a sécherstellen, dass mer d’Betriber och net an d’Iwwerscheldung schécken an dass mer kënnen de System quasi „noschéissen“, dass mer nach e

bësse Pulver hunn, falls dat sech géif als néideg erweisen.

Dës Projet de loi couvriert souwuel kleng wéi méttel a gréisser Entreprises. An dës hunn natierlech hir spezifesch Erausforderungen alleguer a kënnen, jee nodeem wéi se opgestallt sinn, mol méi, mol manner intern op Leit zrëckgräifen, déi se duerch déi administrativ Prozedur begleeten. Duerfir ass et besonnesch wichteg - an dat war dat, wat ech am Ufank versicht hat ervirzesträichen -, dass d’Prozeduren esou onkomplizéiert a pragmatesch wéi nëmme méiglech sinn, awer och, dass eeben den Zougang zu den Informatiounen garantéiert ass an eng kloer an einfach Kommunikatioun vis-à-vis vun de Betriber gemaach gëtt.

Den Text selwer hält d’Konditiounen fest, déi erfëllt mussen sinn, fir vun den Aidé profitéieren ze kënnen, a reegelt d’Modalitéite vun der Hëllef. Ma et geet hei an eisen Aen net reng an eleng ëm Hëllef, fir Betriber ze retten. Dat wier eng vill ze simplistesche Lektür vun der aktueller Situatioun. Et geet eigentlech ëm Solidaritéit an ëm d’Sécherstellen, dass d’Zännrieder vu Privé, Staat a Gesellschaft weiderhi kënnen anenanergräifen an dass mir Hand an Hand duerch dës Erausforderung kommen.

Eis Betriber sinn de Motor vun eiser Ekonomie a vun eiser Gesellschaft. Wa mir si haut schützen a sécherstelle wëllen, dass si aus dëser Kris erauskommen, dann ass dat och, well mir wëssen, dass si no der Kris eng eminent wichteg Roll ze spillen hunn. Eis Ekonomie, eis Betriber, si sinn ofhängeg vun enger gudder Santé publique. Et ass jo kloer: An enger Kris wéi där heiter leiden d’Entreprises. Mee eis Santé publique ass och ofhängeg vun eise Betriber, well ouni Akommes an ouni hir Kontributiounen kann och kee performanten éffentleche Gesondheetssystem fonctionéieren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).** - D’Santé publique an déi wirtschaftlech Gesondheet sinn also ganz staark liiert a brauche sech géigesäitig fir ze iwwerliewen. Dat ass eng vun den éischte grouss Lektionen, déi mer aus dëser Situatioun zéie kënnen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).** - Et geet och drëm, eis gesamt Wirtschaft ofzeséchere géint eng Rezessioun, déi spéitstens dann akut géif ginn, wann d’Kris vun der Realwirtschaft, also vun eisen Entreprises, sech op eng Bankekris ausweide géif. Dat, well d’Betriber net méi an der Lag wieren, hir Kreditter zrëckbezuelen. Genau dowéinst ass et och esou wichteg, dass dës Projet de loi eng holistesche Vue vun der Wirtschaft unhëlt, andeems d’Hëllef eeben net nëmme fir d’PMEe gëllen, mee och fir Indépendanten a grouss Entreprise bestëmmt sinn.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).** - Dës Wirtschaftskris, déi mir hei versichen esou wäit et geet ofzewenden, ass eng Kris ausgeléist duerch komplette wirtschaftleche Stëllstand. Et ass also net wéi 2008 eng Bankekris. An trotzdem besteet de Risiko, dass doraus eng nei Kris an der Finanzwelt entstoe kann. D’Konsequenze vun esou enger wäitreechender Wirtschaftskris si schwéier viruszegesinn, ma et kann ee sécher sinn, dass se souwuel fir déi wirtschaftlech Acteure wéi och fir d’Stéit ze spiere wieren. Solidaritéit a Responsabilitéit sinn dowéinst an dësen Zäiten ekonomesch rational, an dat secteuuriwwergräifend, eebe wéinst der grousser Vernetzung vun eise gesamt Wirtschaftssystem.

Duerfir sinn, mengen ech, an dësem Kader eng ganz Partie Mercien ubruecht. Merci fir d’éischt der Regierung fir dat schnellt Handeln an den impressiounante Paquet vu Mesuren, deene hei a kierzester Zäit an ouni grouss ze zécke presentéiert ginn ass. Dës Kris weist, wat fir eng kruzial Roll dem Staat zoukënnt an dass nëmmen e performante Staat eng Kris vun dëser Envergure ka meeschteren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).** - Merci awer och der Chambre de Commerce, der Chambre des Métiers, der clc, der Industrie, de sëllegen Decideuren an natierlech och all hire Mataarbechter, déi ënner enormem Zäitdruck séchergestallt hunn, dass eng Abberzuel vu Mesuren am Rekordtempo konnten op de Wee bruecht ginn. Merci de Betriber an hire Mataarbechter, déi, obwuel se zum Deel ganz, ganz staark getraff sinn, bereet sinn, sech erëm nei opzustellen a mat eis zesummen un engem Strang ze zéien. Deen Zesummenhalt ass eis Stärkt. Et ass wat eis ausmécht. An et ass och dat, wat mécht, dass mir zesummen aus dëser Situatioun erëm erauskommen.

A wa mer vun Erauskomme schwätzen, ech mengen, jiddweree mécht sech esou lues Gedanken iwwert dat, wat no der Kris kënnt. Zu



den eminente wirtschaftleche Froe geselle sech och laangfristeg Froen, iwwert déi mir eis méi wäitreechend Gedanke maache mussen. Wéi eng Lektuonen zéie mir aus dëser Situatioun? Wéi gesi mir d'Zesummespill tëscht Politik, Wirtschaft a Gesellschaft an Zukunft? A wéi kënne mir eis Ekonomie méi resilient géint esou Menacen an Zukunft maachen?

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Natierlech plädéiere mer derfir, dës Moment ze notzen, fir eng déif gräifend Reflexioun iwwer eise Wirtschaftssystem ze lancéieren an déi an eisen Aen noutwendeg Konkluisiounen doraus ze zéien. Et ass hei un der Politik, en adaptéierte Kader fir d'Zukunft ze setzen.

Mir als Gesellschaft brauchen eis Betriber. Si versueren eis mat Wueren a Servicer a bidden Aarbechtsplazen. Ech mengen, mir ginn eis däers och elo am Alldag, spéitstens elo zumools, lieftaht bewusst. An dat sollt eis och derzou verleenen ze iwwerdenken, wou a wéi mir akafen a wéi mir och eis Betriber stärke kënnen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Ausserdeem musse mir eis ganz dätlech virun Ae féieren, dass, wéi an all Kris, elo d'Weihe fir déi Zäit duerno gestallt ginn. Dat ass jo haut och schonn e puermol ugeklongen. Mir schwätzen hei net just vu Chaînes d'approvisionnement, déi méi lokal oder regional mussen opgestallt ginn, an dat och am Sënn vun der Kreeslafwirtschaft, mee dës Kris huet ville virun Ae gehalen, wéi villfältig d'Problematik vun enger op d'Spëtz gedriwwener Globaliséierung ass. D'Ausmooss vun den Displacementen, souwuel fir Wuere wéi fir Leit, ass net just problematesch am Sënn vun der Nohaltegkeet, mee wéi mer haut ze spiere kréien, och am Sënn vun Epidemien, déi an eiser globaliséierter Welt ganz schwierig bis onméiglech ze kontrolléiere sinn.

► **Une voix.**- Ganz richtig!

► **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Och dowéinst ass et wichteg, dass mir aus der Nout eng Dugend maachen an derfir suergen, dass mir eis hei, awer och op europäeschem Plang, méi nohalteg a méi solidaresch opstellen. E Virus kennt keng Grenzen an trëfft jiddweree gläich haart. Just dass Verschiddener besser Virussetzungen hunn, fir d'Konsequenzen e Minimum ofzefiederer.

Dat hei ass och domadder eng Bewärgungsproov fir d'EU, eng Struktur, déi sech en plus d'Solidaritéit an de gemeinschaftleche Gedanken op de Fändel geschriwwen huet. A si muss elo Gréisst beweisen a weisen, dass si hiren Ideal och ka gerecht ginn. Et ass elo, wou d'EU sech kann dorunner moosse loosser, ob se solidaresch ass an ob se iwwert d'Grenzen ewech denken kann.

Déi éischt Impressiounen gi leider éischter an déi falsch Richtung: Eenzel Länner maachen hir Grenzen zou a schueden domadder souwuel sech selwer wéi och hiren Noperen. Liwwerkette ginn ënnerbrach, Aarbechter kommen net méi onproblematesch op hir Aarbechtsplazen a soumat gëtt de betroffenen Entrepreneuren d'Liewen zousätzlech an onnéidegerweis schwéier gemaach.

Beim Thema Eurobonds gesäit et net besser aus. Lëtzebuerg huet sech, a mir begrëssen dat, haart fir Coronabonds ausgeschwat, also fir e gemeinsaamt Scholdeninstrument, dat all Land géif erlaben, zu rasonabelen Tauxen u Gelder ze kommen, och deene Länner, déi e manner gudder Rating hunn. Domadder géife finanziell bessergestallt Ekonomien matbierge fir Kreditter fir Länner, déi wirtschaftlech ugeschloe sinn. An dës hätt natierlech och zur Konsequenz, dass hiren eegenen Zougang zu Liquiditéit méi deier géi ginn. Mee genee dat wier déi Solidaritéit, déi Europa de Moment brauch.

A wa schonn net aus engem Solidaritéitsgedanken eraus, da missten esou Coronabonds weinstens aus engem wirtschaftleche Gedanken eraus viséiert ginn: Dee Virus huet en Effekt op d'europäesch Wirtschaft an op d'Weltwirtschaft allgemeng an domadder och op all eenzelne Betrib, dee mir hei iergendwou versichen ze ënnerstëtzen. Wa Länner, wann Ekonomien aus dem Süde kollabéieren, da fällt och fir eis e wichtegen Ofsazmarkt ewech. An domadder hunn dann déi Hëlfele, déi mer hei stëmmen a stemmen, e groussen Deel vun hirem Impakt op alle Fall verluer.

Domadder ass kloer, dass „jiddweree fir sech“ hei net d'Léisung ass. An ech mengen, et wier och en desastréise Message fir d'EU, wann dat awer d'Approche wier, déi am Endeffekt mangels Konsens zréckbehalde géi ginn.

An deem Sënn loosst mech ofschléissend soen, dass mir dankbar si fir eis Regierung, déi hir Hausaufgaben hei op eng exemplaresch Aart a Weis erleeget.

Wat hei mat dësem Projet de loi an insgesamt dem ganze Paquet vu Mesurë gemaach gëtt, ass net zulescht och fir ze garantéieren, dass de soziale Fridden erhale bleift. An de soziale Fridden ass nun emol d'Basis och vun enger gesonder Ekonomie. Wa mir mat dësem Projet de loi Betriber ënnerstëtzen, da suerge mir also net just derfir, dass se de Wee aus der Kris meeschteren, hir Aktivitéiten nees kënnen ophuelen an d'Ekonomie um Dréien halen, da setze mir och déi richtig Weichen, fir de sozialen Zesummenhalt oprechtzeerhalen a Sozialkonflikter fréizäitig ze verhënneren. An dat wäert ëmsou besser geléngen, wat d'Betriber méi dezentral, méi nohalteg a méi ressourcëschonend fonctionéieren.

D'Gesondheetskris, déi mir haut erliewen, ass, wéi gesot, och de Moment, fir eis grad doriwwer méi wéi jee Gedanken ze maachen. Ech wënschen all de concernéierte Betriber an hire Mataarbechter Courage an Duerchaleverméigen an alles Guts fir hir berufflech Zukunft. Ech freeë mech éierlech gesot elo schonn op den Dag, wou mer erëm duerch d'Butteker stöbere kënnen goen, wou mer mat de Vendeuren an de Vendeusen hannert der Théik erëm kënnen en Echange hunn, op dee Moment, wou mer mat Frënn oder mat der Famill kënnen Kaffi drénke goen oder eppes zesummen iesse goen.

Mee bis dohinner loosst eis all versichen, déi Betriber an eiser Géigend ze detektéieren, déi eis haut brauchen, déi sech druginn, hir Wuere elo nach ënnert d'Leit ze bréngen an och hei ganz innovativ ginn. Vum Restaurateur, deen eng extra Kaart fir Takeaway gemaach huet, bis zum Fleurist, deen elo seng Arrangementer op Facebook post an alles bei d'Leit heemliwwere kann. Si all brauchen eis als solidaresch Konsumenten. Elo méi wéi jee!

Ech ginn domadder den Accord och vun eiser Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Empain. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Roy Reding, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- Här President, léif Kollegen, och ech wollt fir d'éischt emol der Rapportrice Merci soe fir hir ganz virbildlech Aarbecht. Nach ëmmer, wann eist Land eng grouss Kris erlieft huet an eiser Geschicht, dann hu mer déi gemeeschtert duerch de Mutt, duerch d'Ausdauer, duerch Zesummenhalen, duerch Solidaritéit. An och dës Pandemie wäerte mer Meeschter ginn.

Kee vun eis ass Virolog a kee vun eis ka soen, ob déi Mesuren, déi vu Regierungssäit geholl gi sinn, déi richtig sinn, ob se duerginn, ob se iwwerdriwwen sinn.

Eng Fro, déi ëmmer erëm un eis erugedroe gëtt, ass déi, wéi sou verschidde Betriber wéi Gäertnereien, Pepiniëren, d'Baumäer, Faarwebutteker an esou weider zou sinn. Nom Prinzip, dass een ëmmer sollt probéieren, de Schued ze minimiséieren, esou kleng wéi méiglech ze halen, kéint een do vläicht déi Mesurë lackeren. Natierlech ëmmer ënnert der Bedéngung, dass déi Leit, déi do schaffen, an d'Clienten deen néidege Schutz hunn, genausou wéi dat jo och an de Supermarchéen de Fall ass.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Très bien!

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- Grad elo hunn do vill Leit, déi doheemleiw mussen, e grouss Besoin vun deene Produkter, déi ech hei ugeschwat hunn. An et ass souwuel fir de psychologeschen Equilibre wéi och fir d'Gesondheet warscheinlech net schlecht, am Gaart kënnen ze schaffen.

Mee och wann déi eenzel Mesure géif gelackert ginn, da bleift de Fakt, dass eis Wirtschaft déi wäert sinn, déi aus dëser Kris gebeidelt ervirgeet. Mir dierfen all déi Erkrankt an déi Verstuerwen an hir Familljen net aus den Ae verléieren - a mir wënschen hinnen all Courage! -, mee an dësem Gesetzestext hei schwätze mer iwwert d'Folge vun dëser Kris op eis Ekonomie, op eis Betriber.

An och d'Repercussiounen op d'Staatsfinanzen dierfe mer net aus den Ae verléieren. Net nëmme Steierausfäll, wa manner Benefisser do sinn, mee ech denken zum Beispill un d'Investmentfongen, déi jo hir Taxe d'abonnement bezuelen op hiert Verméigen. Wann awer elo de Börsenwert vun deem Verméigen 20 %, 30 % oder 50 % erofgeet, da geet och d'Verméige vun deenen Investmentfongen erof an deementsprechend och déi Taxen, déi si bezuelen.

Ëmsou méi ass dësen Hëllefspak ze begrëssen. A mir als ADR stëmmen dësem Gesetz absolutt zou.

Mir hunn awer eng Kritik, déi ech och schonn an der Kommissiounssëtzung zum Ausdruck bruecht hunn an déi, wann ech richtig nogelauschtert hunn, och vu ville Kollegen hei-

banne gedeelt gëtt. An dat ass, dass dësen Text ee grouss Feeler huet: E gesäit just Subventionne vir, déi mussen zréckbezuelt ginn. Mir denken awer, dass ee muss ënnerscheeden tëscht deene Betriber, déi eng endgültig Perte erliden an dee verluerenen Ëmsaz ni méi kënnen recuperéieren, an deenen aneren, déi e méi oder weëneger kënnen recuperéieren.

Eise fréiere Wirtschaftsminister Robert Goebbels huet am „Wort“ vum leschte Samschdeg déi Saach kloer formuliert: „Jedes Hotelzimmer, das nicht belegt wird, jede ausgefallene Mahlzeit in einem Restaurant, jedes nicht getrunkene Bier in einer Gaststätte sind bleibende Einkommensverluste.“

Eise Buchhändler Fernand Ernster huet am „Journal“ zum Beispill seng Ëmsazaboussen eleng fir de Mount Mäerz op 300.000 Euro chiffriert.

Eng Saach, fir déi een d'Regierung muss luewen, ass dat, wat se net elo, mee an der Vergaangenheet gemaach huet, dass elo Saachen, gutt Initiative méi wéi gehofft zum Droe kommen, wéi letzshop.lu oder wéi d'Digitaliséierung vun eise Betriber. Mee et bleift, dass an deenen ugeschwate Secteuren, an alle virop dem Horeca, et weeder mat enger eemoleger Hëllef vu 5.000 Euro nach mat där zréckbezuellbarer Hëllef, déi mer haut hei stëmmen, gedoen ass. Mir hoffen also vu ganzem Häerz, dass dës Gesetz nogebessert gëtt a verschidde Betriber no klere Krittären och eng net zréckbezuellbar Subvention kreie kënnen.

Dat wier, an dat gouf eis hei an der Kommissioun och bestätegt vun deenen zoustännege Spezialisten, och mat europäeschem Wettbewerbsrecht kompatibel.

Lafend Käsche wéi Loyer oder Bankzëse kéinten, zumindest zum Deel, doduerch opgefaange ginn. Maache mir dat net, da kennt et zu deem, wat de Robert Goebbels a sengem Artikel als „Konkurs-Tsunami“ benannt huet. D'Betriber kommen ouni Schold vu Staatsweegen an d'Laberenten a falen an d'Faillite.

Warne wëlle mir als ADR virun enger Mietbefreiung, déi ëmmer nees am Gespéich ass an déi och haut nees vun LSAP-Säit hei gefuerdert gouf. Och mir si fir Solidaritéit. Et muss ee sech awer bewusst sinn, dass verschidde Proprietären dee Loyer blutnéideg brauchen! Zum Beispill Leit mat klengen Renten, déi sech iwwert dës Wee eng Zousazrent opgebaut hunn. Anerer hunn Hypothéiken op hirem Immeuble a mussen Prëten zréckbezuelen. Hei kéint also d'Medizinn méi schiedlech si wéi d'Krankheet, wa Leit doduerch an Nout geroden oder Prëten net méi kënnen rembourséiert ginn.

Hei gesi mir als ADR ganz kloer de Staat an der Verantwortung a begrëssen derfir och expressis verbis, dass an dësem Gesetz de Loyer als „coût admissible“ fir d'Berechnung vun der Subvention zréckbehalde gouf. Leider gouf deen awer op 10.000 Euro de Mount plafonéiert, wat fir vill Betriber ganz einfach net héich genuch ass, besonnesch wann ee Betrib, wéi zum Beispill de Buchhändler Ernster, eng Dosen oder méi Geschäfte a Filialen huet.

Wa mer déi Selbstänneg kucken, da gouf e Plaffong vun zweemol dem Mindestloun agesat. Dat léisst vill Independanten ouni iergenddee Revenu, wann hir lafend Käsche méi héich si wéi déi Zomm. An dat ass méi oft de Fall, wéi een denkt.

E weidere Kritikpunkt ass, dass expressis verbis Betriber ouni Handelsermächtigung ausgeschloss ginn. Or gëtt et awer ganz vill Aktivitéiten, wou eng Autorisatioun net virfällt, well se net gebraucht gëtt. Ech denken un Editionshaiser, ech denken u Firmen, déi an eegene Gebaier schaffen, ech denken u Firmen, déi en Immeuble kaft hunn an elo net méi kënnen virunovéieren, well d'Handwerksbetriber zou sinn.

Den Artikel 3 (3) gesäit vir, dass ee Betrib nëmmen Hëllef kritt, wann en op dem Stéchdatum schonn eng ekonomesch Aktivitéit hat. Wéi steet et hei mat Betriber, déi schonn e Lokal gelount haten, ëmgebaut haten, mee erëischt nom Stéchdatum Ouvertür gehat hätten? Ech denken, zur Illustratioun, un eisen Noper hei, de Bistro „Beim Lentz“ um Eck vun der Constitutionsplaz, als Beispill.

Restriktiv ass d'Gesetz och, wat d'ASBLen ubelaangt, wou oft Leit schaffen, déi e groussen Akommesverloscht verzechnen, ouni awer affiliéiert ze sinn. Och si ginn eidel aus.

Mir begrëssen an dësem Kontext ausdrécklech, dass d'Kulturschafend net vergiess goufen, an hoffen, dass an engem spéidere Gesetzestext och zum Beispill Sportler oder Trainer eng änlech Hëllef zougestane kréien.

Et gouf scho vum Marc Spautz opgeworf, mee d'Fro ass extreem berechtigt: Et geet ëm de Remboursement vun der Subventiounen. Hei ass d'Gesetz stumm, wat eventuell Zënslaaschten ubelaangt. Och d'SNCI huet nach keen Zënssaz verëffentlecht fir hire Spezialkrisre-

ditt. Dat wier extreem wichteg, well hei brauchen d'Betriber Planungssécherheet.

Eng lescht Proposition vun der ADR ass, dass déi geplangt oder schonn decidéiert Erhéijunge vun den Äkzisen direkt sollte gestoppt oder zréckgeholl ginn. Vergiesse mer net, dass ville Leit hire Revenu zréckgaangen ass, an elo ass fir Steuer- oder Äkzisen- oder Taxenerhéijungen, weess Gott, kee Moment!

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Très bien!

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- Fazit: Dës Gesetz ass iwwerliewensnoutwendeg, awer net gutt genuch. A mir als ADR hoffen op Nobesserungen a weider Spezialgesetzter fir Situatiounen, déi duerch dës Gesetz net ofgedeckt sinn.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Reding. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Deen Text, dee mer hei virleien hunn, ass e wichtige Projet am Kader vum Gesamtpak, fir d'Wirtschaft zu Lëtzebuerg ze stabiliséieren. Duerfir wäerte mir en och matstëmmen.

Duerch d'Amendementen, déi am Verlaf vun deenen zwou leschte Woche bäikomm sinn, huet dës Projekt och eng gewëssen Envergure kritt, déi néideg ass, well soss hätt dësen Text riskéiert, fir vill Entreprisë keng wirklech Hëllef duerststellen.

Duerch d'Amendementen ass notament, éischens, de Champ d'application erweidert ginn op alleguer d'Entrepreneuren an och op d'Independanten. Zweetens sinn duerch dës Amendementen verschidde schwéierfällg a bürokratesch Hürde vereinfacht ginn. Drëtzens huet d'Ännerung vun engem eenzege Wuert de Charakter vun der Hëllef komplett geännert. Waren déi Aiden am Ufank nach „récupérable“, also zu engem bestëmmte Stéchdatum fällg, sou si se elo nach „remboursable“.

Am Commentaire vum Amendement ass deen Ënnerscheid ganz gutt erkläert. Ech zitieren: « En l'occurrence, on ne parle plus d'un prêt (classique), mais d'une subvention en capital qui doit être remboursée en cas de [...] meilleure fortune. » Dat implizéiert eng „meilleure fortune“, also zukünftg Gewënner, als Grondlag fir de Remboursement. Domadder hänkt net méi d'Damoklesschwäert vun der Faillite iwwert den Entrepreneuren, déi eventuell net direkt kënnen zréckbezuelen.

A véiertens sinn och d'Hëlfele fir Artisten an Interimists du spectacle an dat Gesetz hei mat erakomm, déi jo och direkt vun der Ofso vun effentlechen Optrëtter betraff sinn.

An ech mengen, dass enger ganzer Rëtsch Leit, déi sech an deene leschten Deeg a Wochen am Confinement doheem hu missen ariichten, vläicht op eemol nees opgefall ass, wéi wichteg et ass, dass mer eng kulturell Produktioun hunn: dass mer Filmer hunn, déi ee kucke kann, dass et Musek gëtt, déi ee lauschtere kann, an dass et Bicher gëtt, déi ee liese kann.

An ech mengen och, dass déi Mesuren, déi d'Regierung hei geholl huet - déi éischt Mesuren -, richtig sinn. An nawell stelle sech fir d'Zukunft nach weider Froen, well Veranstaltungen, déi am Moment net konnte stattfannen, sinn deelweis reportéiert ginn op e spéideren Datum, een Datum awer, dee méiglecherweis verschiddenen Artisten och scho blocquéiert hate fir aner Produktiounen. Dat heescht, et bleift awer bei engem Ausfall. An et muss ee sech natierlech och iwwerleeën oder d'Fro stellen, awéiwäit et an der kultureller Produktioun erëm zum Business-as-usual kann iwwergeen, dass heescht zu enger normaler Produktioun. Dat ass am Moment och nach net abseebbar, soudatt et net auszuschléissen ass, dass d'Regierung och an dësem Bereich nach eng Keier, spéiderhin, nobessere muss.

Här President, mir begrëssen d'Reaktivitéit vun der Regierung op dës Froen, déi relativ schnell gehandelt huet. Mir hoffen dann awer och, dass déi Aidé méiglechst onkomplizéiert a flexibel wäerten accordéiert ginn an et net zu engem bürokrateschen Stau wäert kommen.

Eis läit virun allem um Häerz, den Tissu économique vun de klengen a mëttlere Betriber ze erhalen, déi de Gros vun den Aarbechtsplazen hei am Land stellen. Dës Kris dierf weeder zu Massenaarbeitslosigkeit féieren nach zu enger Zort „sélection naturelle“, wou duerno just nach déi grouss Boitte mat finanzielle Reserven iwwerliewe kënnen, an dës weeder op nationalem nach och op internationalem Plang.



Och wa mer agesinn, datt d'Regierung hei huet missen en urgencye handelen, hätte mer eis awer vläicht méi eng differenziéiert Approche gewënscht. D'Situatioun vun deenen eenzele Betriber a Secteuren ass ganz ënnerschiddlech an duerfir muss d'Äntwert och nuancéiert sinn.

En Handwerksbetrib, deem zum Beispill Renovatiounen bei Leit doheem mécht, kann domadder rechnen, datt d'Demande sech während der Kris ustaut an datt et him no der Kris net wäert un Opträg feelen. Fir esou Entreprises ass et vläicht net gradesou schwéier, déi Aidë spéider erëm zrëckzebezuelen. Bei anere Secteuren ass dat awer net onbedéngt de Fall. D'Cafëe wäerten zwar just nom Confinement mat grousser Warscheinlechkeet e gewëssenen Usturm hunn, mee dat wäert sech no e puer Deeg erëm um alen Niveau apendelen.

(Interruption)

En anert Beispill ass de Coiffer, deem no der Kris säi Chiffre d'affaires net wäert kënne substanzuell erhéien. Fir déi Secteure sinn déi laang Woche vun der Kris en Totalausfall a si wäerte Problemer kréien, déi Hëllef spéider zrëckzebezuelen. Déi Hëllef wäerten dann iwwer länger Zäit d'Bicher belaauchten a méiglecherweis souguer en negativen Afloss op d'Entwécklung vun de Salairé vun de Mataarbechter hunn.

Nieft den Aidë vun dësem Projet sinn duerfir geziilt Subventiounen fir kleng a besonnesch vulnerabel Betriber ganz wichteg. Déi Direkthëllef vu 5.000 Euro fir kleng Betriber ass en éischte Schratt, dee mer och begrëssen. Mee dat wäert a ganz ville Fäll net duergoen, zemoos wa sech déi aktuell Situatioun an d'Längt zitt a wann déi deier Loyere muss bezuelt ginn.

An ech muss soen, datt ech relativ wéineg Leit kenne mat ganz kleng Pensiounen, déi iwwer Geschäftslokaler verfügen an domadder hir kleng Pensiou opbesseren. Ech denken éischter, datt hei eng Unheefung vu Kapital a Revenuen zesummekënnt, déi och engem solidarischen Akt, dee vu jiddwerengem hei verlaangt gëtt, misst ënnerluecht ginn. An domadder ënnerscheeden ech mech och vun deem, wat mäi Virriedner gesot huet.

Et muss een oppassen, datt verschidde Betriber net duerch d'Netz rutschen. Ech denken do zum Beispill u kleng, jonk Entreprises, déi grad eréischt ugefaangen hunn a bis elo nach keng schwaarz Zuele konnte schreiwen a wou dat och geplangt war, datt se an deenen éischte Joren eventuell nach keng schwaarz Zuele schreiwe kéinten. An et ass fir eis schonns erstaunlech, datt grad dës Regierung, déi jo wollt eng Startupnation ginn, grad fir dës kleng Betriber bal keng Hëllef virgesinn huet.

Ech denken awer och u Betriber, déi scho virun der Kris um finanziell Limitt geschafft hunn an déi elo riskéieren, de Coup de grâce ze kréien, obwuel se eventuell hätte kënne hir Situatioun redresséieren.

Mir fuerderen duerfir d'Regierung op, no deenen éischte Moossnamen d'Situatioun genee am A ze behalen a gegebenfalls flexibel nozebesseren an hir Ambitiounen nach ze erhéien. Ganz allgemeng muss d'Reegel gëllen, datt kee Betrib därerf onverschëlt duerch d'Coronakris an d'Faillite gedriwwen ginn. Jo, vläicht wäert de Staat net kënne all Entreprise retten, mee e muss et op alle Fall probéieren. A mir mengen, datt dat heiten eleng nach net duergeet.

Här President, déi finanziell Situatioun vun eise Staat ass méi wéi gesond. An et ass elo wierklech net de Moment, fir knéckeg ze sinn. Et ass dausendmol besser, duerno 10 % méi Staatsschold ze hu wéi 10 % méi Chômage.

Mir si matten an der Kris a wuel nach fir laang Deeg vum Peak ewech. Trotzdeem wëll ech am Kontext vun dëser Debatt e puer Wieder zum Après-crise gesot hunn. Mir wäerten onweigerlech eis Staatsschold mussen erhéien. An dat ass fir eis och kee Problem. Mee ech hoffen, datt duerno keen heibannen op d'Iddi kënnt, déi katastrophen Rezipienten vun dem leschten Après-crise erëm auszupaken, nämlech Austeertéitspolitik, Sozialofbau an Ofbau vun öffentleche Servicer.

Mir brauchen no den éischte Rettungsmesuren och méi prinzipiell Reflexiounen iwwert d'Orientéierung vun eiser Wirtschaft. Grad elo an der Kris gesi mer méi däitlech wéi soss, wat an eiser Gesellschaft indispensable ass a wat net. Mir gesinn och, datt wäitreechend Verännerungen duerchaus méiglech sinn, wa se als noutwendeg an als sënnvoll vun der Bevëlkerung unerkannt ginn. Duerfir brauche mer an der Sortie de crise och eng méi fundamental Diskussioun iwwert déi sozialökologesch Transformatioun vun eiser Ekonomie.

Här President, zum Schluss wëll ech nach ee Message an dësem Kontext awer lassginn, eppes, wat mer wéi eng Spann iwwert d'Liewer gelaf ass, wéi ech et gelies hunn. Während mer hei iwwer e Gesetz ofstëmmen, fir d'Wirtschaft virum Kollaps ze retten, dat am Ganze wäert 300 Milliounen kaschten, déi zu engem gudden Deel wäerte recuperéiert ginn, huet d'Regierung d'lescht Woch e Gesetzesprojet deposéiert, deem 180 Milliounen Euro zousätzlech Militärausgabe virgesäit.

Jo! De Militärsatellit soll elo net méi 170 Milliounen Euro kaschten, mee 350! Also 180 Milliounen méi, déi an eisen Aen einfach zur Fënster erausgehait ginn, déi keng Aarbechtsplaze retten oder schafen! Dat ass fir eis schonns an normalen Zäiten onerträglich, mee an där heiter Situatioun nach vill méi. Mir fuerderen d'Regierung op, direkt déi Militärausgaben anzefréieren an endlech mat der extreem deierer Oprëschtungspolitik ze brieche.

Här President, virun zéng Joer si mat Milliardebeträg Banke gerett ginn. An d'Rechnung ze bezuele kruten déi Leit, déi vun hirer Aarbecht liewen, währenddeems sech anerer eng gëllen Nues verdéngt hunn. Déi schaffend Leit hu scho misse fir déi lescht Wirtschaftskris blechen, déi si net verursaacht hunn. Dës Kéier ass et un de breede Schëlleren, fir d'Rechnung ze begläichen. Et ass héich Zäit, datt déi gëllen Nuesen elo de Portmonni opmaachen!

Merci.

(Interruption)

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Baum. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement (*Piraten*)**.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir duerchlieue momentan eng sanitär Kris a stinn doduerjer engem ekonomesche Problem géint iwwer, dee mer eis esou net geduecht hätten. Vill Entreprises hunn hir Diere missen zoumaachen, fir d'Sécherheet vun eiser Populatioun am Ganzen ze garantéieren. Dieren zoumaachen heescht: keng Recetten! An ouni Recettë kann ee keng Käschten decken. Do muss ech, mengen ech, kengem erklären, wat dat dann als Konsequenzen huet.

Et geet dobäi net nëmmen drëm: Kann ech de Loyer nach bezuelen? Mee et geet drëm, oder besser gesot, et fänt u mat deenen elementare Saachen, nämlich: Kann ech mengen Employéen hire Salaire bezuelen? Eppes, wou definitiv keen „Décke“ getraff gëtt, mee wierklech déi schmuel Schëlleren als Eischt géife leiden, wann eng Entreprise hire Salaire net méi kéint iwwerweisen.

An dësem Cas de force majeure si Solidaritéit an Zesummenhalt gefrot. Dës Wäerter hu mer op de leschten europäesche Sommeten awer leider vermësst. D'Envergue vun dëser Kris ass esou grouss, datt mëttlerweile all europäesch Land betraff ass, wat déif Aschnëtter op d'gesamt europäesch Economie wäert hunn.

Coronabonds oder Eurorettungsschiem: D'EU-Memberstaate si sech net eens. Aus Angscht, fir aner Länner mussen opzekommen, wiere sech verschidden EU-Länner virun enger gemeinsamer Scholdenopnam, mat der Argumentatioun, datt d'Benotzung vum Eurorettungsschiem déi besser Lösung fir jidderee wier. Mir hunn dat nämmlecht Argument och haut schonn eng Kéier héieren.

Allerdéngs sti mer hei net virun enger Finanzkris, mee enger globaler Wirtschaftskris, déi op engem onberechenbaren Element, nämlech dem Covid-19, fousst. Ass et déi richteg Astellung, grad an esou engem Moment als Europäesch Union nom Prinzip „chacun pour soi, Dieu pour tous“ ze handelen? Fir eis Piraten e klore Ne!

Wéi mer et an deene leschte Woche schonns oft héieren hunn, si Solidaritéit an Zesummenhalt ausschlaggebend, fir dës sanitär Kris an déi uschlëssend Wirtschaftskris ze iwwerwannen. Et stëmmt, mir sinn an enger aussergewöhnlecher Situatioun. A mir mussen aus deem Grond all Mëttelen, déi mer hunn oder och nach net hunn, asetzen, fir d'Krisenzäit, wou eis Wirtschaft am Schlofmodus ass, ze iwwerbrécken. Dofir wäerte mir och sécher géint der ADR hir nationalistesch an egoistesche Motioun stëmmen!

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, an deene leschten Deeg a Wochen hunn och hei zu Lëtzebuerg missen Decisiounen getraff ginn, fir all eenzelne Bierger ze schützen an derfir ze suergen, datt mer dës schwéier Zäit zesummen iwwerstinn. Dofir hu mer eis haut hei erëmfonnt, fir den Entreprises zesummen ënnert d'Äerm ze gräifen, fir datt och si dës Period iwwerstinn. Hanner all Entreprise stinn nämlech Mënschen, Mënschen, deene mir als Staat d'Méiglechkeet bidde wëllen, nom Covid-19 erëm hir Aarbecht kënne weiderzeféieren. Et ass haut un eis ze versichen, eis Economie oprechtzeerhalen.

Ech hunn och bewosst „versiche“ gesot, well mir kënne net mat Sécherheet garantéieren, datt déi Mesuren, déi mer haut stëmmen, duerginn. D'Regierung kann net garantéieren, datt dës Iwwerbrückungsmesurë fir jiddereen erfollegräich wäerte sinn. De Package haut ass déi éischt Weich, fir d'Wirtschaft an der Bunn ze halen. Mee et wäert warscheinlech net déi lescht sinn!

Mir Piraten wëllen dofir ënnersträichen, datt et net duergeet, eemol Suen an d'Wirtschaft ze pompelen an dem fräie Marché dann d'Hand ze iwwerloosen. An Zäite wéi dës mussen mer d'Mesuren au cas par cas suivéieren. Monitoring ass d'Stéchwuert, dat heescht evaluéieren, ob dës Mesuren hiren Effekt hunn, a gläichzäitig nach no weidere Léisunge sichen, do wou dës Package net gräift.

Wéi den Här Finanzminister sou schéi sot: „Lëtzebuerg huet Sputt.“ Jo, wirtschaftlech gesi si mir eent vun de stäerkste Länner. Fir weiderhin esou staark ze bleiwen, ass e Stabiliséierungsplang opgestallt gi vun direkt enger ganzer Hicheckt vu Ministären. Dës Plang, an de Finanzminister huet et gesot, hätt e Volume vun 8,8 Milliarden Euro. 8,8 Milliarden, do denkt sech de Bierger dach: „Dat ass en héije Montant!“

Et muss een awer och hei soen, datt dës Suen net ausschliesslech un d'PMEen ausgeschott ginn. Et handelt sech bei engem groussen Deel ëm Reporten, Bankgarantien a Mesuren, déi direkt de Salariéen zeguttkommen. Deen Deel, deem am Endeffekt direkt den Entreprises zeguttkënnt, dat sinn 300 Milliounen an dësem Projet an nach eng Kéier 50 Milliounen op anere Plazen. 350 Milliounen vun 8,8 Milliarden, déi am Endeffekt direkt debourséiert ginn a wou et net sech ëm Garantien, Reporten oder Mesurë fir d'Salariéen handelt.

Leider geet dat bei Wäitem net duer, fir Lëtzebuerg op deem Stand ze halen, deem et virun der Kris hat. Et gëllt also ze kucken, wéi mer dee Stand esou gutt wéi méiglech kënne bäibehalen.

D'Basis ass awer zefriddestellend, well, mir sinn eis bewosst, et sinn urgent Mesuren, urgent Mesuren, déi néideg an domadder och richtig sinn. Mir kënne net waarden, bis datt alles astierzt, fir dann ze handelen. Mir mussen elo handelen. An dofir begrëssen ech der Regierung hir Reaktivitéit ausdrécklech, fir mat dësem Projet séier ze handelen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et bleift nach vill ze maachen. Mesuren ouni déi néideg Koordinatioun sinn nämlich zum Scheitern verurteelt. Et kënnt engem awer hei e wéineg esou vir, wéi wann all Minister säin eegene Stabiliséierungsplang hätt an deen duerchzéie wëilt.

Ech si frou, datt an dësem Projet direkt dräi Ressortministereen zesummegeschaft hunn. Et mierkt een awer an aneren Domänen, datt et nach e Koordinatiounsmangel gëtt, nämlich da wann Demandeure fir Hëllef vun engem Ministère bei deenen anere ginn a weidergeleet ginn, ouni datt iergendee sech fir si zoustänneg fillt oder de Stabiliséierungsplang vum jeeweilege Ministère scho steet.

Ech denken do un déi, déi ouni Autorisation d'établissement schaffen. Ech denken do un déi, déi vum Educatiounsministère ofhänken. Ech denken do un, zum Beispill, Assistant-parentallen.

Ech mengen, datt et eng ganz Rëtsch vu Leit gëtt an änleche Situatiounen, déi net vun de Mesurë vun de Classes moyennes kënne profitéieren, einfach, well se net ënnert d'Definitivoun vun de Classes moyennes falen. Dat ass weeder dem Här Delles nach dem Här Fayot seng Schold an, mengen ech, och net der Madamm Tanson hir Schold, déi elo haut hei hire Projet verteidegen. Et ass awer definitiv en Zeechen dofir, datt et net mat engem Jet vun de Classes moyennes, der Economie an der Kultur gedoen ass.

Här President, dës neit Instrument, wat mer haut stëmmen, ass nieft dem Chômage partiel an den Hëllef fir d'PMEen en Deel vum Stabiliséierungsplang. Ufanks waren d'Mesuren am Projet nach méi restriktiv. Et gouf sech nëmmen op déi kleng a mëttelstännesch Entreprisë konzentréiert. E Complement zu de besteende Gesetz, ënner anere dem Régime d'aides de minimis, sollt et ginn.

D'Komplexitéit an den administrativen Opwand, déi duerch deen initiale Gesetzesprojet awer virdefinéiert waren, ware fir d'Entreprises an dëser Zäit net drobar. De Plan de redressement, wéi en am Ufank ugeduecht war oder zumindest verstane gouf, deen opzestellen, wär engem Mammutakt gläichkomm.

Et ass also gehandelt ginn. D'Entreprises hunn, mengen ech, Allëgementer mat den Amendementen kritt. Deementspreechend si mer och frou, datt déi Amendementen konnte geholl

ginn an déi Amendementen an och d'Verspriechen vum Minister Delles et erméiglecht hunn, fir et den Entreprises, wat de Plan de redressement ugeet, méi einfach ze maachen an et wierklech op déi dräi Këschten um Formulaire ze limitéieren. Ech begrëssen dat ausdrécklech, well dat erlaabt et enger Entreprise, och tatsächlech déi Aiden unzefroen an net nëmmen elo emol zwee Méint domat ze verbréngen, déi néideg Piëcen an eventuell Hypotheesen opzestellen.

Wat de Remboursement vun der Avance ugeet, muss ech ganz éierlech soen, datt ech net ganz zefridde sinn, well do schlëssen ech mech verschiddene Virriedner un, déi gesot hunn: „Et wär jo schéin, wann déi Avance net remboursabel wär.“ Ech mengen, do ass ëmmer de Wonsch méi grouss wéi dat, wat vläicht och direkt maachbar ass. Ech ka mat der Léisung vun der „meilleure fortune“ elo liewen. Mir mussen kucken, ob mer d'Betriber wierklech gerett kréien a se dann zur „meilleure fortune“ kommen. Da wären déi Sue jo och erëm do, sou-datt de Staatshaushalt och net ëm déi 300 Milliounen belaaucht géif ginn.

Et ass evident, datt déi Moossnamen haut net jiddwerengem zeguttkomme kënne, mee si wäerten enger grousser Rëtsch zeguttkommen. An dës Mesurë wäerten dofir hoffentlech gräifen.

Ech wëll dann nach - ganz kuerz - d'Kënschtler net vergiessen. Ech mengen, datt et e wichtige Punkt ass, datt mer d'Kënschtler nach konnte mat hei eranhuelen. Normalerweis géif ech kritiséieren, datt mer an engem Gesetz erëm zwou Saache maachen, déi net beineepassen. Ech soen dat haut net, well ech mengen, datt et wierklech wichteg ass, an aussergewöhnlechen Zäiten aussergewöhnlech Moyenen ze huelen, fir Kënschtler ze hëllefen. Well wéi huet de Michelangelo Buonarroti gesot: „D'Konscht huet d'Aufgab, waakreg ze halen, wat fir eis Mënsche vu Bedeitung an noutwendeg ass.“ Ouni d'Konscht gëtt et eng traureg Welt an deementspreechend dierfe mer och d'Kënschtler net vergiessen.

Här President, mir wäerten dës Projet haut matstëmmen, well et eng Basis ass, op där ee jee no Evolutioun vun Covid-19 opbaue kann. Et sief gesot, datt dës Mesurë warscheinlech net wäerten duergoen a mir eis och iwwerleeën mussen, wéi eng finanziell Konsequenzen dës herno op de Gesamtstaatshaushalt wäert hunn.

Et kascht elo, wat et kascht. Mee eis Responsabilitéit ass et, datt eis Bierger am Endeffekt net de Präis dofir bezuelen, datt mer dat responsabel maachen a responsabel encadréieren.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Clement. Leschten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Octavie Modert. Madamm Modert, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Octavie Modert (*CSV*)**.- Merci, Här President. Ech wëll just kuerz iwwert de Kulturdeel vun dësem Gesetzesprojet schwätzen. Verschidde Virriedner hunn och schonn e puer Wuert derzou gesot.

Dem Carole Hartmann, Rapporterin vun dësem Gesetz, wëll ech och Merci soen.

Dir Dammen an Dir Hären, d'CSV begrëisst an ënnerstëtzt, datt d'Kulturschafend an de Kultursektor gehollef kréie mat dësem Gesetzesprojet. Well ouni Kultur a Kreativitéit ass all Gesellschaft aarm!

Krisenzäite weisen ëmmer, wéi prekär de fräie Kënschtler hir Situatioun ass. Duerch déi aktuell sanitär Kris sinn och ginn natierlech ganz, ganz vill Mënsche finanziell schlecht drun. Do steet de Konscht-, Kultur- a Kreativberäich net eleng do. Mir hunn d'Suerge an d'Problemer vu Soloselbstännegen, klengen a grouse Betriber bei de Virriedner héieren. De Kulturberäich a grad déi fräischaffend Artisten an d'Intermittents sinn awer ekonomesch ëmmer besonnesch ufällig a vulnerabel.

D'CSV begrëisst ganz kloer, Madamm Kulturminister, datt Dir esou séier gehandelt hutt, fir hinnen ze hëllefen an nach per Amendement dës Gesetz hei vervollstännegt hutt, well de Kulturschafenden hir Fixkäschte bleiwen. Si mussen hir Miet bezuelen oder e Prêt ofbezuelen, awer si kréie keen Optrag a keen Optrëtt méi. Et geet ëm hir Existenz. Dofir ass et richtig, datt hir Demanden elo ganz rapid an einfach, denken ech, am Ministère behandelt ginn an déi zoustänneg Kommissioun dacks taagt. Wichtig ass natierlech och, datt dann duerno séier ausbezuelte gëtt. Alles dat ënnerstëtze mir ganz kloer.

Vläicht hutt Dir och, Madamm Minister, aktualiséiert Zuele vun den Demanden, déi elo erakomm sinn, besonnesch an deene leschte 14 Deeg.

Et bleiwen eis awer, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, en Deel Froen.



D'Ausstellunge sinn ofgekierzt an d'Concerten ofgesot ginn, schonn eng Woch ier den Ausnahmestandard ausgeruff ginn ass. Hätt een net dee méi fräien Datum missen asetzen am Gesetzesprojet?

Eng aner Fro ass: Wat bedeit „Annuléierung duerch Corona“ an de „lien de causalité direct“ mam Virus? Gëtt dat extensiv interpretéiert? Wat ass zum Beispill mat Opträg, Commanden, Optrëtter, déi an der Krisenzäit guer net vergi ginn, elo wou d'Saison vun Engagementer mam Frëjoer an iwwert de Summer a villen Disziplinnen eréischt richteg uleefft?

Ech mengen, do kéint een zum Beispill deen neien, ech nennen dat elo „Krisenzäitestatut“, dee mir haut stëmmen, spéiderhin op déi dote Situatiounen ausdeenen oder mat enger Zort Noutfallfong déi Situatiounen ofdecken. Well no der offizieller Krisepériode wäerten och nach Projeten, vill Projeten annulléiert ginn als No-weie vun dëser Kris.

E grouse Problem schéngt mir, datt d'Kënschtler e gewëssenen Deel Eegenakommes virweise kënnen mussen, zwar manner wéi am Normalen, mee si mussen dat awer virweisen, fir dës „Krise-Sozialbäihëllefen“ ze kréien. Och d'Intermittents brauchen nach e puer Schaffdeeg. Mee mir wëssen awer, datt dat an dës Kriseméint ganz schwiereg, fir net ze soen onméiglech wäert sinn. Wéi erméiglecht dëst neit Gesetz et dann, hinnen ënnert d'Äerm ze gräifen?

Wéi kann och „la preuve des difficultés financières temporaires“ erbruecht ginn? Dat heescht, iwwer wéi laang Zäit gëtt dee Verglach gezunn? De Wanter ass fir vill Kënschtler, a besonnesch fir d'Intermittents eng moer Zäit.

Et stelle sech nach en Deel aner Froen. Ech mengen, aus Zäitgrënn ginn ech awer op aner Beispiller elo hei net nach an.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat kënnt awer no der Kris? Et muss sech fréi genuch Gedanken doriwwer gemaach ginn. Ech wëll am Numm vun der CSV e puer Virschléi maachen. Ech hunn déi Virschléi, Här President, einfachheetshalber an eng Motioun geschriwwen. Voilà.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- reconnaissant l'effort global déployé par le Gouvernement pour contrer les effets de la flambée de Covid-19 et notamment concernant le secteur de la culture ;

- soutenant la démarche gouvernementale pour venir de suite en aide aux artistes indépendants et aux intermittents du spectacle ;

- ce faisant notamment par le biais du projet de loi n° 7532 instituant un régime d'aides pour les entreprises en difficulté financière et modifiant la loi modifiée du 19 décembre 2014 relative 1) aux mesures sociales au bénéfice des artistes professionnels indépendants et des intermittents du spectacle 2) à la promotion de la création artistique, invite le Gouvernement

- à diminuer par temps de crise à six mois la période actuelle de douze mois précédant la première demande d'aide ;

- à considérer les situations survenues par la fermeture des instituts et institutions culturels ayant eu lieu avant la date de déclaration de l'état de crise ;

- à solutionner les situations qui rendent les nouvelles mesures inapplicables du fait qu'aucun revenu ne pourra être engendré pendant la période de l'état de crise ;

- à introduire dès maintenant des quotas à la radiodiffusion, de 15 % au programme journalier ordinaire, de musiques d'artistes ayant un lien avec le Luxembourg, et de réfléchir à une mesure similaire pour les médias audiovisuels concernant les productions artistiques ;

- à créer un fonds de crise pour gérer l'après-crise, c'est-à-dire les avatars de la crise, doté par des fonds étatiques et en y associant notamment le Fonds culturel national, la Fondation de Luxembourg, l'Œuvre Grande-Duchesse Charlotte, et en lançant un appel à contribution solidaire aux particuliers, et à celles des entreprises qui ne pâtissent pas de la crise ;

- à adapter le « Kulturentwécklungsplang » - plan de développement culturel aux nouvelles données résultant de la crise sanitaire du Covid-19 ;

- à soutenir la replanification d'événements culturels et artistiques qui ont dû être reportés en raison de l'état de crise, afin d'éviter des chevauchements multiples concernant les nouvelles dates.

(s.) Octavie Modert, Diane Aehm, Viviane Reding, Marc Spautz, Claude Wiseler.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci.

► **Mme Octavie Modert (CSV).**- Ech schloe vir, datt mer déi - wann Dir domat averstane

sidd, an ech si gär dozou bereet - an d'Kommissioun verweise géifen, fir se do vläicht kënnen ze analyséieren. Et ass souwisou och haut net méi vill Zäit do derfir.

E Virschlag wär zum Beispill, grad fir jonk Artisten, déi et grad an dëser schwéierer Zäit nach méi schwéier hunn ... Dofir géif ech derfir plädéieren, datt an der Krisenzäit, an och bis zu engem Joer duerno, déi sougenannte „Stagezäit“ vun engem Joer, fir de Statut unzefroen, erfogesaat géif ginn op sechs Méint; an iwwerhaupt op aacht Méint an normalen Zäiten, mee dat ass eng aner Diskussioun.

Scho virun de Walen hat d'CSV Iwwerleeungen - den Här Kox huet et och am KEP iwwerholl -, fir Quoten am Radio anzeféiere fir Musek vu Museker a Bands, déi e Lien mat Lëtzebuerg hunn. Schéin, datt et ewell a Krisenzäit vum selwe gemaach gëtt! Déi eng hunn dat scho méi laang gemaach, anerer kënnegen et elo un. Ma da loosse mir och gläich Neel mat Käpp maachen a féieren eng Quot an, zum Beispill vu 15 %, déi am normalen Dagesprogramm integréiert muss ginn. Fir d'audiovisuell Medie soll no enger änlecher Léisung fir Lëtzebuerger artistesch Produktiounen gesicht ginn.

Ech hunn et schonn ugeschwat, en extrae Fong, en Noutfallfong anzeféieren, mat Dotatiounen aus verschiddene Quellen, natierlech dem Kulturministère, awer och dem Focuna - dee kéint et jo zum Beispill geréieren -, der Fondation de Luxembourg, der Œuvre Grand-Duchesse Charlotte, an en Appell, en Opruff ze maachen u jiddwereen, fir eppes an dëse Fong bäizedroen. No der Kris soll ee mat dësem Fong de fräischaffende Kënschtler ënnert d'Äerm gräife kënnen, well d'Auswierkunge vun der Kris am Kultur-, Konscht- a Kreativsektor wäerten nach laang duerno ze spiere bleiwen, an dat net nëmmen, well d'Kris och e Réckgang vu Sponsoring a Mäzenatentum no sech zéie wäert.

Natierlech muss de KEP ugepasst ginn, a ganz sécher emol a sengem Kapitel iwwert de Statut vum Artist, oder wéi dat haut heescht „an de sozialen Hëllefe“ fir den Artist an den Intermittent.

An dann nach e kleng Virschlag: Et ass ze begrëssen, datt vill Kulturinstitutionen a Veranstalter probéieren, déi Engagementer an Optrëtter, déi elo ausfale, duerno nozehuelen. Wat awer vläicht net esou einfach ass; dat wësse mer. A fir vläicht e Minimum dobäi kënnen ze hëllefen, kéint vläicht eng zentraliséiert Plattform dobäi hëllefen, datt net alles op dee selwechten Datum géif geluecht ginn an domadder déi luewenswäert Initiativen da verpuffe géifen. Vläch wär dat och eng Roll fir culture.lu.

D'CSV ënnerstëtzt lech, Madamm Minister, an Äre Beméiungen a mat eise Virschléi zum Wuel vun der Kultur. Well d'Kultur bleift ni stoen. Mat hirer Kreativitéit an Innovationskraaft bréngt si eis Gesellschaft ëmmer virun.

Artiste bleiwen net einfach doheem a gi spadéieren. Si bréngen eis nei Initiativen a Projeten, souguer bis heem an eis Stuff. Si schaffen elo nach méi wéi zu normalen Zäiten, an net just dofir hu si eis Ënnerstëtzung verdéngt: déi, déi mir mat dësem Gesetz aféieren, déi, déi mir duerno solle weiderféieren a verstärken.

Et ass flott, datt de Kulturministère och direkt eng Plattform gegrënnt huet, fir dës aktuell digital Kulturprojeten op enger zentraler Plaz ze bündelen an accessibel ze maachen. Mir wëssen natierlech all, datt esou Projete vun doheem net alles ersetzen, net alles sinn, wat de Kultursektor kann, net alles sinn, wat Kultur liewen an erliewen heescht, net alles ass, wat d'Kënschtler an d'Kreativschaffender liewen an iwwerliewen deet.

Natierlech kann een och jiddwereen opruffen - a jiddweree kann dat maachen, fir säi Bäitrag ze leeschten -, d'Sue vun engem Ticket net ermëzefroen, en Abonnement weiderlafen ze loossen, sech Bicher vu Lëtzebuerger Schrëftsteller, vu Librairien hei aus dem Land heemschécken ze loossen. Alles dat hëlleft och, well jiddweree kann eppes bäidroen. Mee et mussen nach aner Initiativen ergraff ginn, während der Kris, an no der Kris sécher och nogebessert ginn. Well no der sanitärer Kris kënnt eng wirtschaftlech Kris. An dovun ass d'Kultur ëmmer staark beträff. Loosse mir alles maachen, datt no der sanitärer Kris net och nach eng sozial Kris entsteet! A kengem Sektor!

Ech wëll der CSV hire grouse Respekt a Merci ausdrécke fir déi Menschen, déi eis haut d'Liewen erliichter. A ganz besonnesch fir déi Menschen, déi sech haut all Dag asetzen an hir Aarbecht ouni ze zécke maachen, fir datt mir liewen an iwwerliewe kënnen an dëser Zäit. Si schaffe besonnesch am medezinneschen a Fleegeberäich an och nach a villen anere Beräicher, dacks un der ënneschter Lounskala. Dat Wuert „sanitär Kris“ géif ouni all dës Menschen ...

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Octavie Modert (CSV).**- ... nach eng ganz aner Bedeitung kréien. Mir vun der

CSV drécken lech eis opriichteg Unerkennung an Dankbarkeet aus.

Merci villmools!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Modert. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Mëttelstandsminister Lex Delles.

Prises de position du Gouvernement

► **M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, loosst mech ufänken an der Madamm Rapportrice villmools Merci soe fir dee formidable Rapport, besonnesch net nëmme vum Contenu hier, mee och vun der Vitess hier, mat där e gemaach ginn ass. Well ech wëll nach eng Kéier hei drun erënneren: D'Gesetz ass den 13. März deposéiert ginn. Et ass direkt hei an der Chamber dru geschafft ginn. D'Avisen, souwuel vun der Chambre de Commerce wéi vun der Chambre des Métiers, si komm. Duerno sinn nach Amendementer gemaach ginn. An direkt d'Avis-complémentairen, déi och duerno komm sinn.

Hei gesäit een also, dass et ganz wichteg ass, ganz séier ze reagéieren, ze agéieren. An hei geet et drëm, e Projet de loi mat duerch d'Chamber ze bréngen. An do ginn ech och direkt op eng Remark vum Här Spautz an, wou gesot ginn ass vum Avis vum Staatsrot, wou d'Fro gestallt ginn ass: „Firwat ass dat net iwwer Arrêté geholl ginn?“

Ech muss soen, ech fannen et vusäite vun der Regierung ganz wichteg, dass mer an dëser Zäit vun der Kris net alles iwwer Arrêté maachen, mee och hei eebe grad mat der Chamber zesumme kucken, fir de Projet de loi ze maachen. An ech fannen et och fir den Deputéierte ganz wichteg, dass en do grad déi Kontroll awer nach ka maachen.

Et ass e Projet de loi, deen och nach iwwert d'Durée vun der Kris selwer erausgeet. Dofir muss mer souwisou e Projet de loi maachen. A mir hunn e jo virdru schonn eragereecht. Dat heescht, hei dee Projet de loi ass schonn den 13. März eragereecht ginn. Am Ufank war e fir d'Kleng- a Mëttelbetriber, mat enger Fiche financière - an do ginn ech direkt op d'Remark vun der Madamm Burton an - vu 54 Milliounen. Duerno ass en opgemaach gi fir alles: fir déi grouss Betriber, fir d'Independanten. An dofir och déi Modifikatioun vun der Fiche financière, déi op 300 Milliounen eriwergaangen ass.

Et geet hei drëm, eebe grad schnell, onbürokratesch an onkomplizéiert kënnen Suen auszebezuelen, fir d'Liquiditéiten an den Entreprisë kënnen ze garantéieren. Eise Commerce, eist Handwerk, d'Restauratioun an all déi aner Beräicher si ganz wichteg fir eis alleguerten. An ech mengen, et ass an Zäite wéi elo, wou ganz vill Saachen zou sinn, dass een och gesäit, wéi een ofhängeg dovun ass a wéi wichteg dass et och ass, dass ee kann dovunner profitéieren.

An dofir ass et och grad wichteg, dass mer all zesummen deen Effort maachen, en Effort maachen, fir verschidde Saachen en place ze setzen. Dat hei ass e weidert Puzzlestéck an deem ganze Regimm vun Aiden. Hei geet et jo drëm, eng Avance remboursable kënnen auszebezuelen, wou et och drëm geet - an ech ginn net nach eng Kéier op dee ganze Contenu an, et huet jiddwereen et ganz erkläert -, ganz séier kënnen auszebezuelen. Dofir och déi zwee Facteuren, déi am Gesetz stinn, souwuel d'Masse salariale wéi och de Loyer, fir dass mir och kënnen um Ministère ganz séier déi Aide hei ausrechnen an dann och ganz séier kënnen ausbezuelen.

„300 Milliounen“, ass gesot ginn. An do wëll ech och direkt un dat uknäppen, wat den Här Clement gesot huet. Ech ginn lech definitiv net Recht bei Ärer Iwwerleeung, dass Der so: „Hei gi just Aiden ausbezuelt, op där enger Säit, vu 50 Milliounen, déi direkt als Aides non remboursables ausbezuelt ginn, an op där anerer Säit nëmmen eng Aide vun 300 Milliounen, déi remboursable en plus nach ass.“

Dat ass menger Meinung no einfach komplett falsch! Et ass esou, dass och Aiden ausbezuelt ginn, an zwar am Kader vum Chômage partiel, vu 500 Milliounen. Dir sot elo: „Déi kommen den Entrepenen net zegutt.“ Dach, déi kommen och den Entrepenen zegutt! An awer och de Salariéen. An ech mengen, dass et hei och wichteg ass: déi zwou Säiten, an alles „beieenen“ ze bréngen.

Et ass ganz vill vu Solidaritéit a Gemeinschaft geschwat ginn. Ech mengen, dass dat heiten och ganz wichteg ass. Déi 500 Milliounen ginn direkt aus der Trésorerie vum Staat eraus a si entlaaschten op där enger Säit d'Entrepenen, an op där anerer Säit garantéiere se de Salariéen e Revenu. Dat si 500 Milliounen mensuel. Op där anerer Säit sinn natierlech déi 200 Milliounen fir de Congé familial, deen och mat do dranzerechnen ass. Also schwätz mer scho vu

ganz aneren Zommen, wéi just vun deene 50 Milliounen Direkthëllefen, wéi Dir se genannt hutt.

Wourëm geet et also hei? Wa mer zum Beispill e kleng Betrib vun néng Salariéen hunn, deen huet hei d'Méiglechkeet, eng Aide ze kréien. Wann e pro Salarié 3.000 Euro Fraisen huet, e Loyer vun 3.000 Euro, da kann en hei also ronn 30.000 Euro ugin. Dovu kann en als direkt Aide 50 %, dat heescht 15.000 Euro de Mount iwwert déi Hëllefen hei kréien.

An hei wëll ech och direkt erëm op eng Remark agoen, déi gesot ginn ass virdru, dass et bis bei der „meilleure fortune“ dann zréckzebezuelen ass. Majo, ech hoffen dat! An ech mengen, mir hoffen dat alleguerten, dass esou vill Aidé wéi nëmme méiglech hei och erëm rembourséiert ginn, well da sinn d'Betriber an enger meilleure Fortune!

Wann een iwwert den Delai schwätzt, da schwätz mer vun zwielef Méint, eebe grad - an ech mengen, den Här Baum hat et gesot -, fir d'„Damoklesschwäert“ net iwwer iergendengem hängen ze hunn. Mir schwätz vum zwielef Méint, dat heescht, mir schwätz scho vun der nächster Année comptable, wou ee sech mellt, fir de Plan de remboursement ze maachen.

Et geet och net drëm, se an enger Kéier zréckzebezuelen, mee de Plan de remboursement ass eebe grad, fir dat och kënnen weider iwwer Méint ze zéien, fir de Rembursement ze maachen. An nach eng Kéier: Ech mengen, alleguerte wéi mer heibanne sinn, wënsche mer eis, dass esou vill Rembursementer wéi nëmme méiglech am Kader vun dësem Gesetz gemaach ginn.

Déi Motioun, déi gemaach ginn ass, do begrëissen ech natierlech, dass se vu jiddwerengem heibanne gedroe gëtt.

Déi eng Saach - an et ass och schonn erkläert ginn - vu 500.000 op 800.000 eropzegoen... An enger éischter Phas war et jo op d'De-minimis-Reegeling baséiert vun 200.000. Dunn ass et eropgaangen iwwer en Amendement op 500.000. An hei geet et grad drëm, schnellstméiglech d'Liquiditéiten an alleguerten déi verschidde Betriber ze kréien, sief et déi kleng, déi mëttel, déi grouss an awer natierlech och d'Independanten.

An dann deen zweete Punkt vun der Motioun, do geet et ëm de Plan de redressement. Ech verstinn, dass do verschidde Remarken oder Iddie waren, op där enger Säit, vun de Chamberen, wéi awer och heibannen an dëser Chamber. Ech hunn en hei matbruecht. De Formulaire ass zäitgläich gemaach ginn, fir dass mer dee schnellstméiglech kënnen, soubal wéi de Règlement geholl ass, mathuelen.

(M. Lex Delles montre un document.)

Hei ass en Deel vum Formulaire, wou och do an heuewen déi dräi Froen sinn. Et sinn zwou Zeile virgesinn! Firwat ass et esou wichteg, dass mer dee Plan de redressement hunn? Déi Froen, déi gestallt ginn, do geet et drëm:

« Quelles sont les causes des difficultés rencontrées par l'entreprise requérante ? » Do geet et grad ... Do stinn nach Beispiller derbäi: Ass et eng „baisse de la demande, problèmes d'approvisionnement, nombre de personnel malade ou en retrait“ an esou weider? Mir gi souguer Beispiller un, fir dass een eebe grad gesäit: Jo, déi Entreprise ass wierklech dovunner beträff. Et ass also e Contrôle.

Déi zweet Fro: « Quelles sont les difficultés financières auxquelles l'entreprise requérante doit faire face ? » Wat ass et? Wat ass et da wierklech, wou d'Difficultéite sinn? Zum Beispill de „manque de liquidités“, eng Baisse vum Chiffre d'affaires? Dat steet och hannendrun. Et ass allkéiers nëmmen eng Zeil, fir dass een eeben och do kann novollzéien, firwat déi Demande gemaach gëtt.

An déi drëtt Fro: « Quelles sont les mesures qui sont envisagées pour remédier à ces difficultés ? » An ech mengen, dat ass déi Fro, wou sech am meeschte Froen heibanne gestallt gi sinn. Do steet eebe grad hannendrun ... Do geet et drëm, der Entreprise och nach eng Kéier ze weisen: Hutt Der dru geduecht, de Chômage partiel ze froen? Hannendru steet „chômage partiel, prêt auprès d'un établissement de crédit, diversification des produits“, wat kann ech maachen? Soudass eng ganz Iddi hannendrun ass, fir sech eng Kéier d'Fro ze stellen: „Wéi kann ech aus där Kris erauskommen?“ An ech mengen, dass hei wierklech d'Entreprise de Benefiss vun där Remise en question huet.

Dofir wëll ech nach eng Kéier allen Deputéierte villmools Merci soe fir déi séier a gutt Aarbecht, déi an der Kommissioun gemaach ginn ass an och hei an der Pleniére. Merci villmools.



► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Delles. Ech géif dann d'Wuert weiderginn un den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Franz Fayot, *Ministre de l'Économie***.- Merci, Här President. Léif Deputéiert, dat Gesetz iwwert d'Avancen, dat mer haut stëmmen an iwwert dat u sech alles gesot ass, ass eng vu ville Mesuren aus dem Stabiliséierungspak, deen d'Regierung adoptéiert huet. A mat deem Stabiliséierungspak signaléiere mer eent, an dat gäre ganz kloer: Mir hëllef weider, sou séier, sou vast an esou onbürokratesch wéi méiglech. An ons Hëlfelefen dirigéiere sech un all d'Betriber zu Lëtzebuerg, ob grouss, méttel oder kleng, ob Independanten oder Startuppen. Mir wäerte keen hänke loossen.

Ech géif gären e puer Minutten huelen, fir dëst Instrument vun den Avancen an de globale Kontext vum Paquet de mesures économiques ze situéieren. Fir d'éischt wëll ech awer dem Carole Hartmann Merci soe fir säi gudden an ausféierleche Rapport zu dësem Projet de loi.

Dat wichtegst Instrument an der Bekämpfung vun der wirtschaftlecher Kris ass a bleift de Chômage partiel. Deen erlaabt et de Betriber, fir hir Leit ze halen, och wann et lues dréit oder d'Entreprise guer keng Aktivitéit méi huet. De Chômage partiel ass e ganz wichtige Pilier vun eisem sozialen a wirtschaftleche Modell, deen eis och scho gutt an där leschter Kris iwwert d'Ronne gehollef huet.

Wéi eenorm wichtig d'Deelzäitaarbecht ass, dat weist d'Comparaison mat anere Länner, wou et dat Instrument net gëtt. Wann een zum Beispill d'Situatioun an Amerika kuckt, wou eleng an dësem Mount 3,3 Millioun Chômageumeldunge komm sinn, dat ass enorm! An dat weist, dass an de Länner, wou den Hire-and-Fire gëllt, esou eng Kris direkt op d'Aarbechtsplazen an d'Betriber impaktéiert an d'Leit direkt op d'Strooss schéckt.

De Chômage partiel ass och e wichtigen Indicateur fir ze kucken, awéiwäit déi sanitär Kris an der Realwirtschaft ukomm ass. Ech erënnere drun, dass all déi Betriber, déi duerch déi sanitär Mesurë géint de Virus hu missen zouemaach ginn, d'office fir de Chômage partiel eligibel sinn. Fir all déi aner Secteuren applizéiert sech d'Instrument vun der Kuerzaarbecht och. Zanter e puer Deeg kann ee seng Demande ouni vill bürokrateschen Opwand iwwer guichet.lu eraginn. Dat ass e Paradigmewissel a weist, wéi séier a flexibel mat exceptionnelle Mesuren op eng exceptionnel Situatioun ka reagéiert ginn.

Bis haut sinn um Pabeierwee an och iwwert den Internet ronn 16.000 - 16.000! - Demanden erakomm fir Kuerzaarbecht. Do sinn eng etlech Doublanten derbäi an et ass schwéier, e präzise Chiffer op déi Aarbechtsplazen ze setzen, déi hei beträff sinn. Mee déi schätze sech ganz kloer an déi Zéngdausenden.

Esou hunn d'Leit, déi vun der Kuerzaarbecht profitéieren, d'Geleeënheet, fir och an dëse schwéieren Zäiten en Akommes garantéiert ze hunn. Nach eng Kéier: D'Deelzäitaarbecht ass a bleift an dëser Zäit an och am Kontext vun dësem Paquet eng ganz, ganz wichtig Mesure.

Eng positiv Nouvelle kënnt och vun der Europäescher Kommissioun zu enger anerer Mesure vun Stabiliséierungspak, an dat ass d'Garantiegesetz. Mir kruten elo nämlech de Feu vert vu Bréissel zu dësem Gesetz, wat et de Betriber wäert deemnächst erlaben, wa mer dëst Gesetz och hei an der Chamber adoptéiert hunn, fir schnell an einfach Prête vun hire Banken ze kréien, mat enger Garantie vum Staat. De Staat iwwerhëlt do bis zu 85 % vun de Garantie fir esou e Prêt. Mam Go vu Bréissel fir dat Gesetz kënne mer also als Regierung déi 2,5 Milliarden Euro, déi mer hei mobiliséiert hunn, definitiv zur Verfügung stellen.

Ech hoffen, dass de Staatsrot hei schnell wäert säin Avis derzo ginn. An ech vertrauen drop, dass et dann och ganz schnell duerch d'Chamber geet. Well och dëst Gesetz ass e wichtigen Deel an Dispositif vun der Regierung géint déi wirtschaftleche Kris.

Aner Mesuren, déi geholl gi si géint d'Kris vum Coronavirus a fir d'Tresorerië vun de Betriber direkt ze entlaaschten, dat ass de Report op de soziale Cotisationen, op den Avancen a Paie-menter vun den direkte Steieren an och bei der TVA. Och dat gëtt also zousätzlech Loft, fir iwwert déi schwéier Zäiten ewechkommen.

Am Wirtschaftsministère wäerte mer d'Situatioun generell an der Ekonomie a speziell an de Betriber genee observéieren. Mir wäerte permanent kontrolléieren, ob déi Kriseninstrumenter och wirken, ob se um Terrain ukom-

men. Dofir si mer an etroitem Kontakt mat de Betriber, mat de Fédérationen, natierlech och mat de Gewerkschaften.

A scho bei der Presentatioun vun dem Pak, vun deem néng Milliarde schwéiere Stabiliséierungspak, hunn ech gesot, an och aner Membere vun der Regierung, dass mer do nobessere, wou muss nogebessert ginn. An deem Sënn begreissen ech och déi Motioun, déi Der haut geholl hutt, déi eis invitéiert, effektiv drop opzepassan, ob déi 500 Milliounen duerginn, déi mer haut verabschit hunn, oder ob mer net gegebenefalls vläicht mussen nobesseren, wann dat sech opportun weist.

Ech géif och nach gäre e puer Wuert soen zu de Startups, déi e puermol haut ugeschwat gi sinn, vu verschiddene Riedner. Mir maachen elo direkt eng Nobesserung am Beräich vun de Startuppen. Startuppen, dat sinn innovativ Entreprises, déi manner wéi fënnef Joer al sinn. Mir benotzen an dësem Kontext en Instrument, wat et scho gëtt, fir dass et séier geet a fir dass mer net weider legiféiere mussen.

Dir wësst, dass mer an eise Fuerschungs- an Innovatiounsgesetz all Zorte vu finanzielle staatlechen Hëlfelefen hu fir Betriber. Dorënner ass och eng Hëllef speziell fir innovativ Startuppen. Do ass de Plaffong fir déi Aide maximal 800.000 Euro.

Ech hunn decidéiert bei mir am Ministère, dass mir déi Aiden elo méi grouss opmaachen. Bis elo war et esou, dass mer mat dësem Instrument de Finanzéierungsbesoin vun esou Betriber bis zu 50 % iwwerholl hunn. Ënnert déi Finanzéierungsbesoine falen all Zorte vu Käschte vun esou engem Betrib an der Realisatioun vu sengem Businessplang. Déi aner 50 % huet de Betrib bis elo selwer musse bäisteieren iwwer verschidde Sourcen.

Bedéngt duerch d'Coronakris froe mir elo an esou Fäll e vill manner héije Kofinanzement vun enger Startup. Dat heescht ganz konkret, dass mir als Wirtschaftsministère bei enger Startup net méi just d'Hallschent, mee weinst der Kris op d'mannst 70 % oder méi vun de finanzielle Besoinen iwwerhuelen, déi de Betrib brauch, fir dass säi Businessplang och opgeet. Mir vereinfachen doduerch d'Finanzéierung vu Projekte vun esou jonken, innovative Betriber an der Héicht vu maximal 800.000 Euro.

Och Entreprises, déi dës Aide schonn ugefrot hunn, kënnen, wa se de Plaffong vun den 800.000 Euro nach net erreecht hunn, eng nei Demande maachen, fir vun dëse vill méi generéise Konditiounen ze profitéieren.

Dat cumuléiert sech natierlech och mat anere Mesurë vun dësem Stabiliséierungspang, wéi zum Beispill den Avancen an dësem Projet oder méiglecherweis Garantie fir Bankekreditte.

Voilà, dat gesot, géif ech gären der Chamber Merci soe fir de breede Support zu dësem Projet de loi an - voilà! - lech Merci soe fir d'No-lauschteren.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Fayot. D'Diskussioun ass domat ofgeschloss.

(Interruptions diverses)

U! Ëntschelegt, Madamm Kulturministesch!

► **Mme Sam Tanson, *Ministre de la Culture***.- Ech huelen och net laang Zäit an Usproch ...

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Madamm Kulturministesch Sam Tanson, wannechgilt.

► **Mme Sam Tanson, *Ministre de la Culture***.- Jo, mir haten de Projet de loi e bësse phagocytiert vun der Kultur. Ech war awer ganz frou, dass dat och erlaabt ginn ass vun dem Auteur, de Classes moyennes, well et och fir d'Kulturen elementar wichtig ass, dass mer hei eng Opfangstruktur bidden. D'Kulturschafend ware mat déi Éischt, déi an dësen Zäite gelidden hunn - et ass elo e puermol ernimmt ginn -, well ganz vill Manifestatiounen ofgesot gi sinn au fur et à mesure, schonn ier den État de crise declenchéiert gouf.

An Dir wësst alleguerten, dass d'Kulturschafend nach méi wéi vill aner prekär Beruffer an enger grousser Prekaritéit liewen, well se oft vu Projet zu Projet existéieren a well et oft schwéier ass, dat och wierklech ze plangen, quitte dass se probéieren, sech au fur et à mesure vum Joer hir Projekten zurechtzeleeën. A wann dann esou eppes kënnt wéi dat heiten, wou dann op eemol ganz vill Saachen ofgesot ginn, da kommen déi Leit wierklech a ganz schwerwiegend Noutlagen.

Mir sinn an där gënschterer Situatioun zu Lëtzebuerg, dass mer zënter 1999 eng Opfaang-méiglecheit hunn, anescht wéi vill aner europäesch Länner, d'selwecht awer wéi zum Beispill d'Fransousen, déi och dee Statut vum Intermittent kennen, wou mer den Artisten, déi professionell etabléiert sinn, ënnert d'Aerm gräifen an deenen Zäiten, wou se kee Revenu hunn. Dat gëllt fir zwou Kategorien: fir d',„artis-

tes“ op där enger Säit, dat si virun allem d'Kënschtler, d'Moler; an da fir d'Intermittenten, dat sinn zum Beispill all déi aus dem Filmberäich, d'Techniker an och d'Schauspiller.

Mir hunn do zwee ënnerschiddlech Statuten. Mir hu probéiert, der Situatioun Rechnung ze droen, andeems mer fir d'Artisten, déi e Revenu vun der Hallschent vum Mindestloun kënne kréien, deen héije wärend dem État de crise op dat Duebelt vum Mindestloun (veuillez lire: deen héije wärend dem État de crise op dat Duebelt). A fir d'Intermittenten hu mer gesot: „Dir hutt e Contingent vun 121 Deeg, déi Der d'Joer kënnt ufroen, a pro Mount, wou den État de crise dauert oder déi Situatioun, déi mer par Règlement grand-ducal wäerten determinéieren, kommen 20 Deeg derbäi.“

Ech kommen och do direkt bei déi éischt Remark. Ech mengen, den Här Baum hat dat gesot: „Vu wéini u leeft dat Ganz?“ Dir hutt ganz Recht, et si schonn eng Rëtsch Saachen ofgesot ginn am Ufank vum Mount Mäerz. Ech wäert dem Regierungsrot proposéieren, dass mer et vum 1. Mäerz u lafe loossen, fir och där Situatioun Rechnung ze droen.

Dann ass d'Fro vum „lien de causalité“ vun der Madamm Modert ugeschwat ginn. Natierlech wäerte mer elo net bei jiddwerengem d'Kontrakter froen. Natierlech, wat et méi laang dauert, wat et méi schwéier wäert gi fir ze beleen: „Ech hunn effektiv en Optrag verluer an där Zäit.“ A mir kenne jo och d'Artisten, déi bei eis sinn. Mir wëssen, wat hir normal Commandé sinn. Do ass eng gewësse Flexibilität, déi sech wäert och un den Dag leeën. An och E-Maile ginn duer, fir ze beleen, dass do Projekten en cours waren. Dat wäerte mer ganz sécher esou handhaben, dass mer e Maximum vun de Leit kënne mathuelen.

Dir hat d'Zuele gefrot: 2019, d'lescht Joer, waren 189 Intermittenten an 79 Artisten am Statut, mee eleng fir de Mount Mäerz - déi Leit froe jo net all Mount eppes un, dat hant jo dovunner of, wéi hire Revenu dee Mount ass - krute mer elo schonn 158 Demanden eran.

Dat heescht, et ass eng reell Demande do. A mir kruten och vun enger Rëtsch Artisten, déi eigentlech net brauchen op de Statut zrëckze-gräifen ... Elo si mer schonn ugeschriwwen ginn an et ass gesot ginn: „Ech mengen, ech muss awer elo op de Statut zrëckgräifen.“ An dofir si mer jo och eebe ganz disponibel. Et si vill Leit am Kulturministère, déi am Moment op deenen doten Dossiere schaffen, fir dass mer déi schnellstméiglech erm kënnen an de Statut ophuelen. Dat ass guer kee Problem, wann een déi Konditiounen erfüllt, déi mer och erlichtert hunn.

An, Madamm Modert, ech kommen nach zu Ärer Motioun. Ech si frou, wa mer kënnen dorüwer an der Kommissioun diskutéieren. Do sinn eng Rëtsch Saachen derbäi, déi ech ganz interessant fannen, notament och déi vun dem Accès an de Statut eran, ob ee sech muss iwwerleeën, net nëmme weinst de Krisenzäiten, mee insgesamt, fir déi Konditiounen ze erlichteren.

D'Quoten, dat ass jo elo en interessanten Usaz, well dee gréisste Radiosender jo elo emol deklaréiert huet, eng Stonn den Dag géif just nach Lëtzebuergesch Musek gesent ginn. Ech mengen, dass mer do och wäerten e Point d'attaque hunn, fir op alle Fall emol ze diskutéiere mat hinnen, ier mer ufänken ze imposéieren.

Bon, beim Fonds de crise, ech mengen, do mussen mer virun allem kucken, wéi d'Situatioun elo evoluéiert.

Vläicht nach eppes zu de Reporten. Et ass effektiv esou, dass mer jiddwereen ënnerstëtzen, fir sou gutt et geet eppes ze reportéieren. Mee natierlech, eng Saison huet nëmme déi Deeg, déi se huet. Et gëtt net moies, mëttes an owes gespillt. A jiddweree muss dermat rechnen, dass eebe Saachen ewechfalen.

Ech wollt awer och nach profitéieren, fir Pub ze maache fir eisen Internetseite, wou Der alleguerten déi wierklech genial Initiativen, déi an deene leschte Woche vun den Artisten, vun Instituts culturels, vun ASBLe lancéiert goufen, fir op eng digital Aart a Weis d'Konscht, d'Kultur heem bei lech alleguerten ze bréngen, fannt, all um Site vum Ministère de la Culture. Si ginn och reegelméisseg geupdate.

Mir hunn och dervu profitéiert, fir elo schonn eng ganz Rei vun deene Projekten ze subventionéieren, well déi meescht Artiste si frou, wa se net müssen eng Aide froe kommen, mee wa se kënne fir e Projet Ënnerstëtzung kréien. Dat fuere mer weider. An Dir alleguerte profitéiert och vun deenen Offeren, well do sinn e puer richteg Pärelen derbäi.

Merci villmools.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Madamm Tanson. D'Diskussioun ass domat elo ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7532. Den Text steet am Document parlementaire 75327.

Mir wäerten als Éischt zur Ofstëmmung vun deenen Deputéierte kommen, déi hei am Sall sinn an déi op der Tribün sëtzen. Duerno komme mer zur Ofstëmmung vun deenen Deputéierten, déi an deenen anere Säll sinn, an dat ee Sall no deem aneren.

Ech wollt drop hiweisen, datt den noutwendige Quorum, fir de Vott kënnen ze maachen, ginn ass. Mir maachen e Vote par appel nominal. Duerfir zéien ech elo den Deputéierten, dee mam Vott ufänt. Duerno fuere mer da fir den Opruff zum Vott an alphabetescher Reiefolleg virun.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7532 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänt un.

Appel nominal (votes personnels des députés présents dans la salle des séances plénières et les tribunes)

Dat misse se alleguer sinn hei aus dem Sall. Ech ginn elo an de Sall 4-5, fir de Vott vun deenen Deputéierten ofzehuelen.

(M. le Président, M. le Secrétaire général et Mme la Secrétaire générale adjointe se déplacent vers la salle 4-5.)

Ech zéien elo fir d'éischt den Deputéierten, mat deem mer de Vott ufänken. Duerno fuere mer da fir den Opruff fir de Vott an alphabetescher Reiefolleg virun.

Appel nominal (votes personnels des députés de la salle 4-5)

Ech ginn elo an de Sall 1-2, fir datt déi Deputéiert kënnen ofstëmmen.

(M. le Président, M. le Secrétaire général et Mme la Secrétaire générale adjointe se déplacent vers la salle 1-2.)

Ech zéie fir d'éischt den Deputéierten, mat deem mer de Vott elo hei am Sall 1-2 ufänken. Duerno fuere mer da fir de weideren Opruff fir de Vott an alphabetescher Reiefolleg virun.

Appel nominal (votes personnels des députés de la salle 1-2)

(M. le Président, M. le Secrétaire général et Mme la Secrétaire générale adjointe retournent vers la salle des séances plénières.)

Ech bidden elo déi Deputéiert, déi e Vote par procuration wëllen ofginn, d'Hand an d'Luucht ze halen. Ech ruffen dann een no deem aneren op, fir de Vott ofzeginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Mir hunn de Quorum erreecht. An de Vott ass heimat ofgeschloss.

D'Resultat ass follgend: 60 Jo-Stëmmen. De Projet de loi 7532 ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmegeg ugehol.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank (par Mme Martine Hansen), Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Léon Gloden), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch (par M. Claude Haagen) ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Motions

Mir kéimen dann elo zur Ofstëmmung iwwert d'Motiounen.

Motion 1

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, déi vum Här Marc Spautz deposéiert ginn ass.



► **Une voix.**- À main levée!

► **M. Fernand Etgen, *Président.***- Kënne mer iwwert dës Motioun à main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Wien da mat dëser ...

(Brouhaha)

Mir kucken nach, ob deen anere Sall och domadder d'accord ass, fir à main levée ofzestëmmen. Déi mussen e bësse méi laang d'Hand an der Luucht halen.

Déi sinn och domadder d'accord.

Vote sur la motion 1

Deen elo mat Jo ofstëmmt, dee soll d'Hand an d'Luucht huelen.

Deen anere Sall och? Okay.

Wien ass dergéint?

Mir mussen déi aner Säll ofwaarden.

Wien enthält sech?

Déi Motioun ass domadder eestëmmeg ugehl.

(La motion 1 de M. Marc Spautz est adoptée à main levée par les députés présents dans les trois salles. M. le Président a vérifié le vote à main levée des députés présents dans les salles 1-2 et 4-5 sur l'image vidéo retransmise en direct des deux salles.)

Motion 2

Da kéime mer zur Motioun Nummer 2. An ech hunn d'Madamm Modert richteg verstanen, datt mer déi Motioun kënnen an d'Kommissioun verweisen.

Wien ass d'accord, fir d'Motioun Nummer 2 an d'Kommissioun ze verweisen?

Vote

Vote à main levée: Wien ass derfir?

Deen anere Sall.

Domadder ass dës Motioun an d'Kommissioun verweisen.

(Par un vote à main levée des députés présents dans les trois salles, la motion 2 de Mme Octavie Modert est renvoyée à la Commission de la Culture. M. le Président a vérifié le vote à main levée des députés présents dans les salles 1-2 et 4-5 sur l'image vidéo retransmise en direct des deux salles.)

8. Motion de M. Fernand Kartheiser relative à l'invitation adressée au Gouvernement à ne pas prendre de décisions qui pourraient provoquer des conflits inutiles entre les États membres de l'Union européenne

(Motion déposée au cours de cette séance publique - à consulter en page 424 de ce compte rendu)

Da kéime mer elo zur Motioun, déi haut vum Här Fernand Kartheiser deposéiert ginn ass. Ass dozou eng Wuertmeldung do?

Den Här Gilles Baum, wannechgelift.

Discussion générale

► **M. Gilles Baum (DP).**- Merci, Här President. Ech hu mer déi Motioun hei ganz gutt ugekuckt. An ech muss soen, ech fille mech e bëssen zrëckversat a meng Lycéeszäit. Do hat ech e Professer, deen huet ëmmer gesot: „Chacun pour soi et Dieu pour tous!“, an dat huet en ëmmer gesot virun enger Prüfung. An d'Europäesch Unioun steet och virun enger Prüfung, virun engem Test. An ech mengen, et wäert keen einfachen Test ginn.

Jo, d'Regierung huet sech op europäeschem Niveau derfir ausgesat, gemeinsam Scholdschäiner a Form vu Coronabonds erauszeginn an domadder enger Rei Länner et ze ermëglichen, sech zu bessere Konditiounen ze finanzéieren am Kader vun der Kris. D'Kris, dat ass en Defi fir all Land. Dat gëtt en Defi fir all Land an Europa riskéiert, eng schwiereg Zäit viru sech ze hunn. A Verschiedener an Europa oder baussent Europa hoffen, dass Europa auserneendruff, dass d'Länner hiren eegene Wee ginn. An dat dierf net geschéien.

Ech gleewe ganz fest un d'Zukunft vun der Europäescher Unioun. Ech gleewen och un d'Solidaritéit an den Zesammenhalt an der europäescher Famill. A wat mer elo net brauchen, wat mer net brauchen, ass nationalistescht Denken! An dofir géif ech lech invitéieren, déi Motioun hei net ze stëmmen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, *Président.***- Den Här Claude Wiseler, wannechgelift.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Merci, Här President. Europa ass an eisen Aen eng Solidargemeinschaft. A wann et schwiereg gëtt, da muss jiddweree jiddwerengem hëllefen, een deem

aneren. Mir si momentan an enger sanitärer Kris mat enorme wirtschaftlechen an enorme finanziellen a budgetäre Konsequenzen, déi eleng kee packt. An eng Rei Länner si méi impaktéiert wéi anerer. A well och hir Situatioun méi schwiereg war wéi déi vun anere Länner, wäerte se duerno finanziell Konsequenzen hunn, wou se ganz vill Schwieregkeeten hunn, se eleng ze packen. An ech mengen, genau dofir ass déi Solidaritéit an Europa do an ass se och wichteg.

Mir haten, muss ee soen, am Ufank vun der Kris an Europa net gutt ugefaangen, well déi éischt Reflexer, dat waren déi, fir sech op sech selwer zrëckzezéien.

Ech muss awer soen, dat huet an deene leschten Deeg, an deene leschte Woche geännert. An ech sinn am Fong och der Regierung ganz dankbar, datt se dee Gest gemaach huet, fir och Leit aus dem Grand Est eriwwerzehuelen an enger Zäit, wou mir nach Capacitéiten hunn, fir et ze maachen an do eng Solidaritéit ganz einfach ze weisen.

Ech mengen, dat muss een och am Finanzielle maachen. An et muss ee sech déi Moyene ginn, déi Europa zur Verfügung stinn, eventuell Coronabonds, dat ass sécherlech ee Moyaen, dee mëglech ass. Anerer sinn, datt um ESM geschafft gëtt. En aneren ass, an dem europäesche Budget sech déi Méiglechkeeten ze ginn. An all déi Moyene soll ee kënne envisagéieren.

Et kann een natierlech ëmmer juristescht Argumenter dergéint fannen. Mee et fënnt een ëmmer juristescht Argumenter, wann een et net wëllt. An da fënnt ee se, da fënnt ee se am beschten! Et kann ee selbstverständlech och juristescht Argumenter derfir fannen. Ech plädéieren derfir, datt mer an dësen Zäiten all Méiglechkeet kucken, fir déi Solidaritéit mat deene Länner, déi méi Schwieregkeeten hunn an Europa, opzemaachen an och do weiderzekommen.

Et ass just esou, wéi Europa zesummenhält an dofir kënne mer déi Motioun vun der ADR hei net matstëmmen.

► **M. Fernand Etgen, *Président.***- Merci, Här Wiseler. An ech ginn d'Wuert weider un den Här Marc Baum.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Merci, Här President. An dësen Zäite gëtt ganz vill vu Solidaritéit geschwat a vun europäescher Solidaritéit. Virun e puer Wochen, wéi d'Kris ausgebrach ass a sech an engem europäesche Land, nämlech Italie fir d'éischt, am virulentste manifestéiert huet, huet dat Land ëm Hëllef geruff. Keen europäesch Land huet em gehollef! Et ass eng schwaarz Stonn gewiescht fir den europäesche Gedanken a fir d'Europäesch Unioun!

Datt elo verschidde Länner d'Propos maachen, déi sech uleent un eng Propos, déi scho viru fënnef Joer opkomm ass, nämlech déi vun den Eurobonds, ëmbenannt Coronabonds, kënne mir nëmme begrëssen. Et ass en éischte klenge Schrëtt an d'Richtung vun enger Harmoniséierung vun de wirtschaftleche Fluxen an eng Harmoniséierung vun den Aussenhandelsdefiziter respektiv -iwwerschëss. Well mir dierfen net vergiessen: D'Scholde vun deenen enge sinn d'Handelsiwwerschëss vun deenen aneren.

Ech mengen, datt mer als Europäesch Unioun grad elo mussen zesummenhalen an datt et wichteg ass, datt mer eng Mutualiséierung och deelweis zumindest erreechen iwwer Coronabonds. An duerfir wäerte mir op jidde Fall déi heite Motioun vun der ADR net matstëmmen.

► **M. Fernand Etgen, *Président.***- Da geet d'Wuert un den Här Sven Clement.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Mir soen an der leschter Zäit oft: „Zesumme packe mer dat!“ - „Zesummen“, domadder menge mer heefeg: Zesummen, al-lequerten hei zu Lëtzebuerg. Mee „zesummen“ heescht vill méi wéi nëmme mat deenen, déi um Territoire vu Lëtzebuerg liewen: zesumme mat eise Partner, zesumme mat deene Partner, déi eis Material zur Verfügung stellen, zesumme mat deene Partner, wou eis Aarbechskraaft am Gesondheetssecteur hierkënnt a wou mer eis permanent Suerge maachen, datt muer nach d'Grenz kéint zougemaach ginn an datt eise Gesondheetssystem géif virum Kollaps stoen. Zesumme packe mer et, eleng wäerte mer et net packen.

An ech mengen, datt grad e Land, wat ekonomesch besser dosteet, eebe grad duerch déi Zesummenaarbecht mat senge Partner, duerch Aarbechskraaft, déi aus de Partnerlänner kënnt, sech net dierf enger Iddi verschléissen, fir no der Kris zesummen aus där Kris erauszekommen.

An ech mengen, deementspriedend ass déi Motioun hei - an ech hunn et virdrun a menger Ried gesot - eppes Egoistesches, eppes wat e Repli op sech selwer mécht. U sech feelt just nach, datt gefuerdert gëtt, d'Grenzen zouze-

maachen. Mee dat ka jo kee fuerderen an dese Momenter, wou mer wëssen, datt de Gesondheetssystem dee Moment géif kollabéieren.

Ech mengen, datt ee sech an deem Kontext nëmmen op d'Zesummes ka beruffen. A wann d'EU dat am Ufank schlecht koordinéiert huet, jo, dat dierf ee soen, jo, déi éischt Grenzschléisunge waren net koordinéiert an et waren Iwwerraschungen, mee grad doraus mussen mer léieren, datt mer eeben an Zukunft besser mussen zesummeschaffen.

A wann dat heescht, besser um fiskaleschen, um ekonomesche Plang zesummeschaffen, da sollt ee sech deem net verschléissen. An deementspriedend begrësse mir d'Iddi vun de Coronabonds a mir rejetéieren, fermement, dës Motioun.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, *Président.***- Merci villmools, Här Clement. Da géif ech d'Wuert un den Auteur vun dëser Motioun ginn, den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR), *auteur.***- Här President, et gëtt esou Ablécker hei an der Chamber, wou ee beandrockt ass, méi vun der Poleemik wéi vum Inhalt vun den Interventiounen. Ech hunn e bëssen am Abléck dat Gefill, datt hei eng Rei Argumenter virbruecht ginn, fir d'Attitud vun der Regierung ze justifiéieren, déi awer eigentlech laanscht de Kär gi vun deem, wat hei gefrot ass.

Kee Mënsch heibanne stëllt d'Noutwendegkeet vun der Solidaritéit mat Italien, mat Spuenien a mat aneren a Fro. Dat hunn ech direkt gesot, wéi ech d'Motioun virgestallt hunn. Dat ass déi elementar Mënschlechkeet. Déi elementar Solidaritéit steet guer net zur Debat! Natierlech!

Awer et gëtt zwou Méiglechkeeten, dat ze erreechen: legal oder illegal, wann een d'europäesch Traitée kuckt.

(Brouhaha)

Mir si fir déi legal Method.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Mënschlechkeet ass keng juristescht Fro, Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR), *auteur.***- An déi illegal ... An dat wonnert mech och am Här Wiseler senger Interventioun, Här President. Mir verstinn eis jo als Rechtsstaat a mir soen dach ëmmer, datt déi Traitéen, déi mir ratifizéiert hunn - wéi dacks hu mir dat gesot -, mussen agehale ginn.

An an deenen Traitée stinn Artikelen, déi dat do explizitt verbidden. Firwat sinn an Europa nëmme néng vu 27 Staaten iwwerhaupt bereet, iwwer Coronabonds ze schwätzen, an déi aner, d'Majoritéit, déi grouss Majoritéit, refuséieren dat? Ma well et am Traité verbueden ass!

Firwat ass dat ekonomescht Argument, wat déi gréng hei virdrun zitéiert hunn, falsch? Ma et geet drëm, natierlech, Ressourcen do ze kanaliséieren an och de Betriber an Italien ze hëllefen an d'Échanges économiques virunzebréngen, selbstverständlech. Iwwer legal Mëttelen! An et dierf een net vergiessen, datt eng gutt Gestoun vun de Finanzen an enger Rei vun den europäesche Länner de Rating vun deene Länner verbessert an datt et an der Ekonomie nun eemol esou ass, datt de Rating vun den Entreprisen och ofhänkt vum Rating vum Staat.

Et ass einfach eng legal Situatioun, déi mir wëlen als ADR preservéieren. Mir wëlle Legalitéit an Europa. Mir wëlle Finanzmëttelen zur Verfügung stellen, fir d'Ekonomie vun deene Staaten ze stäipen, esou wéi et an de Verträge steet, esou wéi den europäesche Stabilitéitsmechanismus et erlaabt. An dat ass dat, wat d'ADR hei wëllt: Solidaritéit op legalem Wee. An dofir sti mir zu eiser Iddi.

Merci.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Dir macht lech d'Liewen e weineg einfach!

► **M. Fernand Etgen, *Président.***- Et ass keng weider Wuertmeldung méi do.

(Interruption)

Kënne mer dës Motioun à main levée ofstëmmen?

► **M. Fernand Kartheiser (ADR), *auteur.***- Nee, den elektronesche Vott, Här President.

► **M. Fernand Etgen, *Président.***- Da mussen mer de Vote par appel nominal maachen.

► **Plusieurs voix.**- Bravo!

Vote sur la motion

► **M. Fernand Etgen, *Président.***- Da zéie mer fir d'éischt den Deputéierten, mat deem mer de Vott ufänken. Duerno fuere mer mam Opruff fir de Vott an alphabetescher Reiefolleg virun.

Appel nominal (votes personnels des députés présents dans la salle des séances plénières et les tribunes)

Ech ginn elo an de Sall 4-5, fir datt d'Deputéiert an deem Sall kënne ofstëmmen.

(M. le Président, M. le Secrétaire général et Mme la Secrétaire générale adjointe se déplacent vers la salle 4-5.)

Ech zéien elo fir d'éischt den Deputéierten, mat deem mer de Vott ufänken. Duerno fuere mer da fir den Opruff fir de Vott an alphabetescher Reiefolleg virun.

Appel nominal (votes personnels des députés de la salle 4-5)

(M. le Président, M. le Secrétaire général et Mme la Secrétaire générale adjointe se déplacent vers la salle 1-2.)

Ech zéie fir d'éischt den Deputéierten, mat deem mer de Vott elo hei am Sall 1-2 ufänken. Duerno fuere mer da fir de weideren Opruff fir de Vott an alphabetescher Reiefolleg virun.

Appel nominal (votes personnels des députés de la salle 1-2)

(M. le Président, M. le Secrétaire général et Mme la Secrétaire générale adjointe retournent vers la salle des séances plénières.)

Déi Deputéiert, déi e Vote par procuration wëlen ofginn, déi sollen d'Hand an d'Luucht hiewen. Ech ruffen dann een no deem aneren op.

Appel nominal (votes par procuration)

Domat ass d'Motioun mat 56 Jo-Stëmmen, bei 4 Nee-Stëmmen, ofgeleent.

(Interruptions)

► **Une voix.**- Ëmgedréit!

► **M. Sven Clement (Piraten).**- 56 Nee-Stëmmen.

► **M. Fernand Etgen, *Président.***- Si ass mat 56 Nee-Stëmmen, bei 4 Jo-Stëmmen, ofgeleent. Merci fir d'Prezisioun, Här Clement.

Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galle, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank (par Mme Martine Hansen), Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Léon Gloden), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch (par M. Claude Haagen) ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

9. Motion de M. Marc Baum au sujet de la présentation à la Chambre des Députés d'un bilan exhaustif de l'ensemble des dérogations émises par le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire après la fin de l'état de crise

(Motion déposée au cours de cette séance publique - à consulter en page 424 de ce compte rendu)

Da komme mer zur leschter Motioun, déi haut deposéiert ginn ass, déi Motioun, déi deposéiert ass gi vum Här Marc Baum. Kënne mer dës Motioun à main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Dat ass esou de Fall.

Wie mat dëser Motioun averstanen ass, ...

► **M. Georges Engel (LSAP).**- Ech wëilt eppes dozou soen.

► **M. Fernand Etgen, *Président.***- Den Här Georges Engel, wannechgelift.